


# DE FUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

1 | 2025

BULLETIN COMMUNAL

*Coverfoto:*
*Um Cover si Fotoe vun de Fiiss aus Leem, déi gebastelt goufe vun de Kanner vum Cycle 2.2b bei hirer Léierin Julie Lipperts.*



*Foto: Damaris*

# DËST STEET HEI DRAN


Virwuert 3

## D'GEMENG
### *LA COMMUNE*

Gemengerot 5
Conseil communal 8
Zivilstand // État civil 12
Mir gratuléieren 13
En neie Schäffen 14
Changement vum Receveur Posten 15
Nei op der Gemeng 16
Interview mam Filipe Soares 17
Interview mam Maxime Bender 18
Commemoratioun 2024 20
Bauhärepräis 22
Chancëgläichheet 23

## SCHOUL & MAISON RELAIS
### *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

Schoul 25
Maison relais 30

## VERÄINER
### *ASSOCIATIONS*

D'Aeromodelliste vu Chrëstnech 35
Club des jeunes Christnach 38
Kalatou Asbl 40
Turnveräin Ëmmer Fit 42
D'Badmintonspillerin Kim Schmidt vu Waldbëlleg 44
Mëllerdaller Männerchouer 47

## KULTUR A GESCHICHT
### *CULTURE ET HISTOIRE*

Meet & Greet mat de Kënschtler aus eiser Gemeng 49
Interview mat der Jana Azzeri 50
Diplomer an der Museksschoul 52
De Bicherbus 54
Virun 80 Joer: d'Ardennenoffensiv 56
Société préhistorique Luxembourgeoise S. P. L. 58
Uergelfrënn Waldbëlleg 60
De Reenert – Reynard the Fox 62

## LIEWEN AN DER GEMENG
### *VIE RURALE*

Aweiung vum Rond-Point Präiteler Bréck
mat der Foussgänger-Ënnerféierung 65
Adventsfënster um Freckeisen 66
Adventsfënster zu Bëlleg 67
Adventsfënster-Tréppeltour mat der
Beweegungskommissioun 67
Chrëschtmaart op der Heringer Millen 68
Brasserie Heringermillen 70
La Bottega: et gëtt erëm gudde Kascht zu Haler! 71
D'Virdeeler vum Golfsport 72

## KLIMAPAKT AN NATURPAKT
### *PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE*

Klimapakt 75
Nationalen Dag vum Bam 77
Naturpakt – D'Gemeng Waldbëlleg engagéiert sech 78
Waldbillig erhält Qualitätslabel
SuperDrecksKëscht® fir Betriber 80
Entsuerge vu gréissere Quantitéiten Offäll 81
Die Trinkwasserversorgung im Müllerthal 82
Drénkwaasseranalysen 83
Campagne de mesurage de dioxyde d'azote ($no_2$) dans
le cadre du pacte climat 86
Solar Challenge 88

## WAT ASS LASS?
### *QUE FAIRE ?*

Agenda 91
Gemengerot 93
Labomobile 93
Restauranten a Caféën 93
Akafen an der Gemeng Waldbëlleg 94


## VILL FREED BEIM LIESEN!
## *BONNE LECTURE !*



*Vu lénks: Yolande Kirsch, Marc Barthelemy, Isabelle Oberlé, Susanne Hangarter, Luc Friedrich, Corinne Meyers*
*Foto: Monsieur Moine, Restaurant um Golf*


**Impressum**

Redaktioun vum FUUSS: Marc Barthelemy, Luc Friedrich, Yolande Kirsch, Corinne Meyers, Isabelle Oberlé a Karin Enser fir d'Korrekturen
Reegelméisseg Fotoen: Damaris Pletschette, Olivier Glod, Georges Koster
Hëllef op der Gemeng: Martine Dimmer, Joëlle Duschang, Andrée Henx-Greischer, Kim Ruppert, Filipe Soares, David Sonnetti

Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter
Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.
Responsabelen Éditeur: Gemeng Waldbëlleg


*Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vun den Auteuren aus a ginn ënnert hirer Responsabilitéit publizéiert.*
*Am FUUSS gëtt meeschtens net gegendert, mee de Generis masculinum geholl. Frae gi mat si/se bezeechent.*

# VIRWUERT

## Léif Awunnerinnen an Awunner vun der Gemeng Waldbëlleg,

d'Joer 2024 war e spannend Joer, mat villen Erausfuerderungen a fir d'Joer 2025 ass de Budget gestëmmt an déi verschidde Projete vun der Gemeng gi gutt virun.

Hei drënner fannt Dir eng Kuerzfaassung vun deem wat mir weiderdreiwen a vun deem wat entsteet.

Beim Ausbau vun der Gemeng ass de Réibau fäerdeg, d'Gebai ass zou an d'Bannenaarbechten hunn ugefaang. Mir hate verschidde Reuniounen zesumme mat de Bierger, fir d'Aussenanlage vun der Gemeng am Zentrum vu Waldbëlleg ze gestalten, dëse partizipative Prozess ass eng beräicherend Erfarung a mir wäerte verschidden nei Iddien dovunner realiséieren.

Bei der  Vergréisserung vun der Schoul steet d'Gebai, et sinn awer nach keng Fënsteren agebaut. Mir ginn dervun aus, dass déi Säll fir Ufank 2026 kënne genotzt ginn, fir September 2025 ass net realistesch.

Déi nei Säll an der Maison relais gi gutt ugeholl. Et feelen hei an der Gemeng awer nach Plaze fir d'Crèche, mir schaffen awer zesumme mam Architekt un enger Léisung dofir.

D'Aarbechte vun der Buvette um Fussballsterrain zu Chrëschtnech ginn och gutt weider, dëse Chantier gëtt geschwënn ofgeschloss. Am Kader vun dësem Projet sinn zwee grouss Tanke mat agebaut gi fir Reen- an Drainagewaasser opzefänken an dëst dann ze notze fir den Terrain ze netzen.

Weider Aarbechte ginn un den Infrastrukture wéi dem Waasserleitungsnetz, dem Kanal, de Feldweeër an de Gemengestroossen ausgefouert an en Deel vun der Beliichtung gëtt op LED ëmgestallt. D'Drockleitung vun der Pompstatioun Mëllerdall bis an de Mëllerdaller Behälter soll erneiert ginn. D'Verlinke vun de Quellen Härebur a Schéissendëmpel an de Chantier vun der Bëlleger Baach am Mëllerdall si geschwënn ofgeschloss.

Vum 4.11.2024 u verstäerken zwee nei Mataarbechter eise Service technique, dëst sinn d'Conny Eller an den Jack Nickels. Mir wënschen hinne vill Erfëllung bei hirer neier Aarbecht a freeën eis op eng gutt Zesummenaarbecht.


Dem Pit Beckené soe mir e besonnesch grousse Merci fir seng laangjäreg Aarbecht a säin Engagement als Receveur vun eiser Gemeng. De Pit ass den 1.11.2024 a seng wuelverdéngte Pensioun gaang.

Mir begréissen, dass d'Kim Ruppert neie Receveur vun eiser Gemeng ass a wënschen hir vill Freed bei hiren neien Erausfuerderungen.

Alle Veräiner, Privatleit, Betriber, Mataarbechter an dem Gemengerot soe mir Merci! Dir all hutt derzou bäigedroen, dass d'Joer 2024 esou e produktiivt an erfollegräicht war. Mat Iech freeë mir eis op dat wat 2025 kënnt.

Mir wënschen Iech vill Freed beim Liese vun dësem éischte FUUSS fir 2025!

*Äre Schäfferot*



**D'Adress vun der Gemeng:**
**7, Fielserstrooss, L-7640 Chrëschtnech**

# D’GEMENG // *LA COMMUNE*



*Foto: Damaris*

# GEMENGEROT

Vun de Sëtzungen am Gemengerot ginn am FUUSS d'Decisioune publizéiert, déi de Gemengerot geholl huet.

D'Audio-Opname vun den Debatte ginn als Audiodatei um Internetsite ***www.waldbillig.lu*** fir sechs Méint gespäichert, an der Rubrik ***Quotidien*** mam Titel ***Séance du conseil communal***.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2024/7

**Sëtzung vum Méindeg, 30.09.2024**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// MICHELS Mike, fir d'Punkten 1a et 1b

| | |
|---|---|
| | **Net ëffentlech Sëtzung** |
| 2024-07-01a | Propose vun engem Kandidat fir d'Ernenne vun engem Schäffen. |
| 2024-07-01b | Propose fir de Rang vun de Schäffen. |
| | **Ëffentlech Sëtzung** |
| 2024-07-02 | Bewëllegung vum Gestiounsplang fir d'Gemengebëscher fir 2025. |
| 2024-07-03 | Ëmwandlung vun engem Employésposten an der Kategorie B1, administrativen Ënnergrupp. |
| 2024-07-04 | Schafe vun engem Employésposten an der Kategorie B1, administrativen Ënnergrupp op bestëmmten Zäit. |
| 2024-07-05 | Opdeelung vum zousätzleche politesche Congé ënner de Membere vum Gemengerot. |
| 2024-07-06 | Decisioun iwwer d'Entschiedegung vun der Firma Pangyou fir e Betribsverloscht. |
| 2024-07-07 | Ännerung vum ordinäre Budget. |
| 2024-07-08 | Ännerung vum extraordinäre Budget. |
| 2024-07-09 | Titres de recette 2023. |
| 2024-07-10 | Entscheedung iwwer eng ëffentlech Stee fir Occasiounsmaterial. |
| 2024-07-11 | Opléise vum Kontrakt fir d'Ënnerhale vun de Spillplaze mat der a.s.b.l. Forum pour l'emploi. |
| 2024-07-12 | Approbatioun vun engem Locatiounskontrakt fir eng Parzell zu Chrëschtnech. |
| 2024-07-13 | Entscheedung iwwer d'Ausübe vum Virkafsrecht fir Parzellen zu Waldbëlleg a Chrëschtnech. |
| 2024-07-14 | Entscheedung iwwer de kommunale Pakt fir d'interkulturellt Zesummeliewen. |
| 2024-07-15 | Avenant zu der Konventioun Bummelbus 2025. |
| 2024-07-16 | Approbatioun vun enger Konventioun tëscht der Gemeng an engem Gemengesalarié. |
| 2024-07-17 | Approbatioun vun der Konventioun 2024 mam Club Aktiv Plus „An der Loupescht". |
| 2024-07-18 | Approbatioun vun der Konventioun 2024 mam Office social commun Larochette. |
| 2024-07-19 | Ufro fir en extraordinäre Subsid vun der Waldbëlleger Musek a.s.b.l. |
| 2024-07-20 | Subsidufroen. |
| 2024-07-21 | Verschiddenes. |

**De Gemengerot:**

**1.**

a. proposéiert dem Här Innenminister d'Kandidatur vum Här Romain Tobes, Conseiller, als Remplaçant fir den Här Serge Boonen, deen als Schäffen demissionéiert huet,

b. proposéiert dem Här Innenminister:

- d'Madamm Corinne Meyers als éischt Schäffin vun der Gemeng Waldbëlleg
- den Här Romain Tobes als zweete Schäffe vun der Gemeng Waldbëlleg,

2. bewëllegt eestëmmeg de Gestiounsplang fir d'Gemengebëscher fir 2025:

| | Salairen | Rechnungen | **Investissementer** | **Recetten** |
|---|---|---|---|---|
| Nohalteg Gestioun a Schutz vun de Bëscher | 53.500,00 | 36.650,00 | 90.150,00 | 83.900,00 |
| Sensibilisatioun an Informatioun vun der Ëffentlechkeet | 11.000,00 | 6.500,00 | 17.500,00 | |
| Logistik a Personal | 5.500,00 | 40.500,00 | 46.000,00 | |
| | 70.000,00 | 83.650,00 | **153.650,00** | **83.900,00** |

3. bewëllegt eestëmmeg d'Ëmwandlung vun engem Employésposten an der Kategorie B1, administrativen Ënnergrupp op begrenzten Zäit an en Employésposten op onbegrenzten Zäit,

4. entscheet eestëmmeg en Employésposten an der Kategorie B1 op begrenzten Zäit ze schafen an auszeschreiwe fir de Populatiounsbüro an den Etat civil,

5. gëtt eestëmmeg säin Accord zu der Opdeelung vum zousätzleche politesche Congé, wéi vum Schäfferot proposéiert

   - vum 1. August 2024 bis zur Vereedegung vum neie Schäffe Romain Tobes: 2 Stonne fir jidderee vun de véier Conseilleren Bender Maxime, Kirsch Yolande, Michels Mike an Tobes Romain an 3,5 Stonne fir d'Schäffe Boonen Serge a Meyers Corinne,

   - no der Vereedegung vum neie Schäffen Romain Tobes: 2 Stonne fir jiddereen vun de véier Conseilleren Bender Maxime, Boonen Serge, Kirsch Yolande a Michels Mike an 3,5 Stonne fir d'Schäffe Meyers Corinne an Tobes Romain,

6. entscheet eestëmmeg, d'Gesellschaft Pangyou S.à r.l. op e Betrag vun 20.400 € ze entschiedege fir de Betribsverloscht, deen duerch Infiltratiounen Ufanks 2023 an der Brasserie Heringer Millen entstanen ass,

7. approuvéiert eestëmmeg verschidden ordinär Modifikatiounen am Budget 2024, ewéi vum Schäfferot proposéiert,

8. approuvéiert eestëmmeg verschiddden extraordinär Modifikatiounen am Budget, ewéi vum Schäfferot virgeschloen,

9. geneemegt d'Titre vun de Recettë vun 2023,

10. entscheet eestëmmeg, eng ëffentlech Stee ze organiséieren, fir verschiddent Occasiounsmaterial vun der Gemeng ze versteeën,

11. entscheet eestëmmeg, de Kontrakt fir den Entretien vun de Spillplaze mat der a.s.b.l. Forum pour l'emploi vun der nächstméiglecher Echeance un ze kënnegen,

12. gëtt eestëmmeg säin Accord zum Locatiounskontrakt vun der Parzell 336/4378, Sektioun C vu Chrëschtnech, „In Berg" zum Präis vu 25 € d'Joer,

13.

   A) verzicht eestëmmeg op säi Virkafsrecht vun de Parzelle geleeën an der Sektioun C vu Chrëschtnech, am Kadaster agedroen ënner den Nummeren 272/4748, 272/4749, 272/4750, 272/4751 an 272/4752,

   B) verzicht eestëmmeg op säi Virkafsrecht vun der Parzell geleeën an der Sektioun C vu Chrëschtnech, am Kadaster agedroen ënner der Nummer 1560,

   C) verzicht eestëmmeg op säi Virkafsrecht vun der Parzell geleeën an der Sektioun B vu Waldbëlleg, am Kadaster agedroen ënner der Nummer 435/4789,

14. gëtt eestëmmeg säin Accord fir eng regional Approche fir d'Ëmsetze vum „Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewe" a falls d'Approche zeréckbehale gëtt, e Bäitrëtt an dëse Pakt,

15. bewëllegt eestëmmeg den Avenant zu der Konventioun Bummelbus 2025,

16. bewëllegt eestëmmeg d'Konventioun mat engem Gemengenaarbechter fir d'Festleeë vun de Bestëmmungen, fir d'Käschte vum Fürerschäin an der Kategorie (Bus) ze iwwerhuelen,

17. gëtt eestëmmeg säin Accord zu der Konventioun 2024 mam „Club Aktiv Plus an der Loupescht",

18. approuvéiert eestëmmeg d'Konventioun 2024 mam „Office social commun Larochette",

19. bewëllegt eestëmmeg en extraordinäre Subsid fir d'Waldbëlleger Musek mat engem Betrag vun

3.895,00 €, fir d'Hallschent vun de Käschten ze droen vun hiren neien Hiemer, Poloen a Jacketten.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2024/8

**Sëtzung vum Donneschden, 07.11.2024**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// MEYERS Corinne
// TOBES Romain, Schäffen,
// BERENS Christian, GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// BENDER Maxime,
// BOONEN Serge, Conseilleren.

| | **Ëffentlech Sëtzung** |
|---|---|
| 2024-08-01 | Presentatioun vum aktuelle Bilan betreffend d'Ëmsetze vun den Objektiver vum Klimapakt. |
| 2024-08-02 | Indemnitéit fir d'Entschiedegung am Fall vun engem Keesseverloscht fir d'Einnehmerin. |
| 2024-08-03 | Entscheedung betreffend d'Ufro vum Club Aktiv Plus An der Loupescht fir d'Ersetze vun enger Mataarbechterin. |
| 2024-08-04 | Konventioun mat der Brasserie Simon Participation & Cie S.e.c.s. am Interêt vun de Gemengesäll, der Heringer Millen an dem Veräinshaus vum Club des Jeunes zu Waldbëlleg a Chrëschtnech. |
| 2024-08-05 | Accord iwwer eng Primm fir d'Gemengenaarbechter. |
| 2024-08-06 | Entscheedung iwwer de Gebrauch vum Virkafsrecht fir eng Parzell zu Waldbëlleg. |
| 2024-08-07 | Subsidienufroen. |
| 2024-08-08 | Verschiddenes. |
| 2024-08-09 | Entscheedung iwwer de Verzicht vum Virkafsrecht fir verschidde Parzellen zu Haller (zousäzleche Punkt). |

**De Gemengerot :**

1. kritt vum Klimapaktberoder Bernard Jaeckel den aktuelle Bilan vun der Gemeng hirem Klimapakt presentéiert,

2. bewëllegt eestëmmeg eng Indemnitéit fir d'Entschiedegung am Fall vun engem Keesseverloscht fir d'Madamm Kim Ruppert, Einnehmerin, an Héicht vun 49,58 € N.I. 100,

3. gëtt eestëmmeg säin Accord, fir sech un de Käschte vun enger neier Mataarbechterin vum Club Aktiv Plus an der Loupescht ze bedeelegen, fir e Congé de maternité am Viraus ze ersetzen,

4. gëtt eestëmmeg säin Accord zu der Konventioun mat der Brasserie Simon Participation & Cie S.e.c.s. fir déi verschidde Lokaler an der Gemeng,

5. accordéiert eestëmmeg eng Primm fir all Gemengenaarbechter, deen den Urgencen-Telefon ausserhalb vun den normalen Aarbechtszäiten iwwerhëlt,

6. verzicht eestëmmeg op säi Virkafsrecht fir d'Parzell 435/4789 agedroen am Kadaster vun der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun B vu Waldbëlleg,

7. entscheet eestëmmeg, deenen heite Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:
   - SCAP, Service de consultation et d'aide – attention, psychomotricité, perception
   - Fleegeelteren Lëtzebuerg asbl
   - Ecole de musique de l'Union Grand-Duc Adolphe Fondation (UGDA)
   - Mitica asbl Association d'Aide à l'enfance,

8. /

9. verzicht eestëmmeg op säi Virkafsrecht fir verschidde Parzellen zu Haler. Dëse Punkt annuléiert an ersetzt d'Decisioun vun der Sëtzung vum 15. Mee 2023.

# CONSEIL COMMUNAL

Les décisions du conseil communal, sont publiées au bulletin communal FUUSS. Il n'existe pas de rapport intégral des discussions.

Les débats sont enregistrés et publiés comme fichier audio sur le site ***www.waldbillig.lu*** pendant six mois, sous la rubrique ***Quotidien*** avec l'intitulé ***Séance du conseil communal***.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2024/7

**Séance du lundi 30.09.2024**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, échevins,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé :

// MICHELS Mike, excusé pour les points 1a et 1b.

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| | **Séance à huis clos** |
| 2024-07-01a | Proposition de candidat relative à la nomination d'un échevin. |
| 2024-07-01b | Proposition du rang des échevins. |
| | **Séance publique** |
| 2024-07-02 | Plan de gestion annuel 2025 des forêts communales. |
| 2024-07-03 | Conversion d'un poste d'employé communal dans la catégorie B1, sous-groupe administratif. |
| 2024-07-04 | Création d'un poste d'employé communal dans la catégorie B1, sous-groupe administratif, à durée déterminée d'un an. |
| 2024-07-05 | Répartition du congé politique supplémentaire parmi les membres du conseil communal. |
| 2024-07-06 | Décision portant sur le dédommagement de la société Pangyou pour une perte d'exploitation. |
| 2024-07-07 | Modifications budgétaires ordinaires. |
| 2024-07-08 | Modifications budgétaires extraordinaires. |
| 2024-07-09 | Titres de recette 2023. |
| 2024-07-10 | Décision portant sur une vente aux enchères publique de matériel d'occasion. |
| 2024-07-11 | Résiliation du contrat d'entretien des aires de jeux conclu avec l'a.s.b.l. Forum pour l'emploi. |
| 2024-07-12 | Approbation d'un contrat de location d'une parcelle sise à Christnach. |
| 2024-07-13 | Exercice du droit de préemption concernant des parcelles sises à Waldbillig et à Christnach. |
| 2024-07-14 | Décision de principe concernant le pacte communal du vivre-ensemble interculturel. |
| 2024-07-15 | Avenant de la convention 2025 Bummelbus. |
| 2024-07-16 | Approbation d'une convention conclue avec un salarié communal. |
| 2024-07-17 | Approbation de la convention 2024 avec le Club Aktiv Plus « An der Loupescht ». |
| 2024-07-18 | Approbation de la convention 2024 avec l'Office social commun Larochette. |
| 2024-07-19 | Demande de subside extraordinaire de l'a.s.b.l. Waldbëlleger Musek. |
| 2024-07-20 | Demandes de subside. |
| 2024-07-21 | Divers. |

**Le conseil communal :**

**1.**

a. propose à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures la candidature de Monsieur Romain Tobes, conseiller communal, en remplacement de l'échevin démissionnaire Monsieur Serge Boonen,

b. propose à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures

- Madame Corinne Meyers comme 1ère échevine de la commune de Waldbillig et
- Monsieur Romain Tobes comme 2e échevin de la commune de Waldbillig,

**2.** approuve unanimement le plan de gestion annuel 2025 des forêts communales comme suit :

| | Salaires | Factures | **Investissements** | **Recettes** |
|---|---|---|---|---|
| Gestion durable et protection des forêts | 53.500,00 | 36.650,00 | 90.150,00 | 83.900,00 |
| Sensibilisation et information du public | 11.000,00 | 6.500,00 | 17.500,00 | |
| Logistique et personnel | 5.500,00 | 40.500,00 | 46.000,00 | |
| | 70.000,00 | 83.650,00 | **153.650,00** | **83.900,00** |

**3.** approuve unanimement la conversion du poste sous le statut de l’employé communal dans la catégorie de traitement B1, sous-groupe administratif, à durée déterminée d’une année, en un poste à durée indéterminée,

**4.** décide unanimement de créer et de déclarer vacant un poste sous le statut de l’employé communal pour le service de l’État civil et du bureau de la population à durée déterminée dans le groupe de traitement B1,

**5.** marque unanimement son accord à la répartition du congé politique supplémentaire comme proposé par le collège échevinal :

- Du 1er août 2024 jusqu’à la date de l’assermentation du nouvel échevin Romain Tobes : 2 heures pour chacun des quatre conseillers Bender Maxime, Yolande Kirsch, Mike Michels et Romain Tobes et 3,5 heures pour chacun des échevins Serge Boonen et Corinne Meyers.

- Après l’assermentation du nouvel échevin Romain Tobes : 2 heures pour chacun des quatre conseillers Bender Maxime, Boonen Serge, Yolande Kirsch et Mike Michels et 3,5 heures pour chacun des échevins Corinne Meyers et Romain Tobes.

**6.** décide unanimement de dédommager la s.à r.l. Pangyou du montant du préjudice de 20.400,00 € pour la perte d’exploitation subie par le sinistre de dégâts des eaux à la brasserie Heringer Millen, datant de début de l’année 2023,

**7.** approuve les modifications budgétaires ordinaires proposées par le collège échevinal,

**8.** approuve les modifications budgétaires extraordinaires proposées par le collège échevinal,

**9.** approuve les titres de recette de l’année 2023,

**10.** décide unanimement d’organiser une vente aux enchères publique en vue de vendre des produits et matériels d’occasion appartenant à la commune au meilleur offrant,

**11.** décide unanimement de résilier le contrat d’entretien des aires de jeux sur le territoire de la commune de Waldbillig conclu avec l’a.s.b.l. Forum pour l’emploi à la prochaine échéance possible,

**12.** décide à l’unanimité de marquer son accord au contrat de location de la parcelle 336/4378, section C de Christnach, lieu-dit « In Berg » au prix annuel de 25 € par année,

**13.**

A) décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles inscrites au cadastre de la commune de Waldbillig, section C de Christnach, sous les numéros 272/4748, 272/4749, 272/4750, 272/4751 et 272/4752,

B) décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section C de Christnach, sous le numéro 1560,

C) décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section B de Waldbillig, sous le numéro 435/4789,

**14.** décide unanimement de marquer son accord pour une approche régionale pour la mise en œuvre du « Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen » et d’introduire, au cas où l’approche régionale serait retenue, une demande d’adhésion au pacte en question,

**15.** décide unanimement d'approuver l'avenant à la convention 2025 Bummelbus,

**16.** décide unanimement d'approuver la convention conclue avec un salarié communal concernant les dispositions de faire le permis de conduire de la catégorie D (bus) pour les besoins professionnels et les arrangements relatifs à la prise en charge des frais de l'obtention de ce permis,

**17.** décide unanimement de marquer son accord à la convention 2024 conclue avec le Club Aktiv Plus an der Loupescht,

**18.** décide unanimement d'approuver la convention 2024 avec l'Office social commun Larochette,

**19.** décide unanimement d'accorder un subside extraordinaire, notamment la moitié des frais des nouvelles chemises, polos et vestes pour les musiciens, revenant à une dépense de 3.895,00 €.

---

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2024/8

**Séance du jeudi 07.11.2024**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// MEYERS Corinne
// TOBES Romain, échevins,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé :

// BENDER Maxime,
// BOONEN Serge, conseillers.

**Ordre du jour**

| | **Séance publique** |
|---|---|
| 2024-08-01 | Présentation du bilan actuel de la mise en œuvre des objectifs du pacte climat. |
| 2024-08-02 | Indemnité de perte de caisse au profit de la receveuse communale. |
| 2024-08-03 | Décision de principe sur une demande du Club Aktiv Plus An der Loupescht concernant le remplacement d'une collaboratrice. |
| 2024-08-04 | Convention avec la Brasserie Simon Participation & Cie S.e.c.s. dans l'intérêt des salles communales, la Heringer Millen et la maison du club des jeunes sises à Waldbillig et à Christnach. |
| 2024-08-05 | Accord d'une prime salariale pour les salariés communaux. |
| 2024-08-06 | Exercice du droit de préemption concernant une parcelle sise à Waldbillig. |
| 2024-08-07 | Demandes de subside. |
| 2024-08-08 | Divers. |
| 2024-08-09 | Décision portant sur la renonciation de l'exercice du droit de préemption pour des parcelles sises à Haller (Point supplémentaire). |

**Le conseil communal :**

**1.** le conseiller du Pacte climat Bernard Jaeckel présente le bilan actuel du pacte climat de la commune aux membres du conseil communal,

**2.** décide unanimement d'accorder à Madame Kim Ruppert, receveuse communale, une indemnité de perte de caisse annuelle de 49,58 € N.I. 100,

**3.** marque unanimement son accord de contribuer aux frais occasionnés par l'embauche d'un agent pour le mode de remplacement d'un congé de maternité proposé par la responsable du Club Aktiv Plus,

**4.** marque unanimement son accord à la convention conclue avec la Brasserie Simon Participation & Cie S.e.c.s. pour les différents points de débit de boissons dans la commune,

**5.** accorde unanimement une prime salariale à chaque salarié pendant la durée qu'il effectue la gérance du téléphone d'urgence,

**6.** décide à l'unanimité des voix de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle 435/4789 inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section B de Waldbillig,

**7.** décide unanimement d'accorder un subside au montant de 75 € aux associations suivantes :

- SCAP, Service de consultation et d'aide – attention, psychomotricité, perception
- Fleegeelteren Lëtzebuerg asbl
- École de musique de l'Union Grand-Duc Adolphe Fondation (UGDA)
- Mitica asbl Association d'Aide à l'enfance,

**8.** /

**9.** décide unanimement de renoncer à l'exercice de son droit de préemption pour différentes parcelles à Haller. Cette décision annule et remplace la décision prise lors de la séance du 15 mai 2023.



*Foto: Georges Koster*

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

## Gebuerten // *Naissances*

| | | |
|---|---|---|
| 14.10.2024 | **Ribeiro Teixeira** Lucas | *Waldbëlleg* |
| 30.11.2024 | **Glesener Petit** Théid Jean-Paul | *Freckeisen* |

## Stierffäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| 26.9.2024 | **Wecker** Marie-Louise, épouse Greischer | *Chrëschtnech* |
| 10.10.2024 | **Kirpach** Jean-Claude Joseph | *Chrëschtnech* |
| 8.11.2024 | **Medina** Isabel | *Haler* |
| 26.11.2024 | **Bouseko** Yarro | *Waldbëlleg* |
| 23.12.2024 | **Dirion** Anne Marie, épouse Diedrich | *Chrëschtnech* |

## Pacs // *Partenariats*

| | | |
|---|---|---|
| 3.10.2024 | **Wilgé** Pol a **Franzen** Kim | *Chrëschtnech* |
| 31.10.2024 | **Zimmer** Mathias a **Schroeder** Sara | *Haler* |
| 11.12.2024 | **Gonner** Ghislain a **Berrend** Yolande Catherine Marie | *Walbëlleg* |

## Hochzäiten // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| 26.9.2024 | **Malezi** Mahmut a **Bahtijari** Ellma | *Waldbëlleg* |
| 25.10.2024 | **Sousa de Novais** Kaio a **Soares Ferreira** Jéssica Ariana | *Haler* |



# MIR GRATULÉIEREN



De 26. September 2024 sinn d'**Ellma BAHTIJARI** an de **Mahmut MALEZI** vu Waldbëlleg bestuet ginn.



De 25. Oktober 2024 sinn d'**Jéssica Ariana SOARES** an de **Kaio SOUSA DE NOVAIS** vun Haler bestuet ginn.



Den 31. Oktober 2024 sinn d'**Sara SCHROEDER** an de **Mathias ZIMMER** vun Haler gepacst ginn.



D'Madamm **Therèse Bernadette Minden-Janitzki** huet hiren 90. Gebuertsdag gefeiert. Si ass gebuer de 5. Dezember 1934 zu Lunow an Däitschland.

*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*

# EN NEIE SCHÄFFEN

De Schäffen- a Gemengerot, zesumme mam Gemengepersonal, hunn dem Serge BOONEN bei engem Patt mat Schnittercher MERCI gesot fir säin Asaz als Schäffen an eiser Gemeng.

De Serge ass 2011 déi éischte Kéier mat an d'Wale gaang an ass direkt mat engem gudde Resultat erausgaang. 13 Joer war hie Schäffe vun der Waldbëlleger Gemeng. Hien huet aus Zäitgrënn wéinst sengem Betrib seng Demissioun als Schäffen eragereecht. Hien huet awer dem Schäfferot matgedeelt, dass si ëmmer gären op hien zeréckgräifen dierfen. Hie bleift am Gemengerot, aus Interessi fir seng Gemeng.

De Conseiller Romain TOBES ass den 11. Oktober als neie Schäffe vum Innenminister vereedegt ginn. 2017 ass hie fir d'éischte Kéier mat an d'Gemengewale gaangen a war vun do u Conseiller an eiser Gemeng.

*Text a Fotoen: Martine Dimmer*





# CHANGEMENT VUM RECEVEUR POSTEN





Eise laangjärege Receveur, de Pit Beckené ass op den 1. November 2024 a seng wuelverdéngte Pensioun gaang. De Pit war bal 25 Joer am Asaz fir eis Gemeng, hie war intresséiert an engagéiert fir d'Gemeng weider ze bréngen. Iwwer d'Joren hat hien e grousst Wëssen ugesammelt, wouvun eis Beamten an de Schäfferot profitéiert hunn. Net nëmmen d'Recette huet hie gemaach, hien ass der Administratioun a Villem zu Hand gaang.

Pit, mir soen dir e grousse MERCI fir däin Asaz fir eis Gemeng!

Am Mäerz ass eng Feier vun der Gemeng fir dem Pit offiziell Merci ze soen, wouvunner och am nächste FUUSS bericht gëtt.

D'Relève vum Pit huet d'Kim Ruppert geholl.

D'Gemeng hat déi Chance, dass d'Kim, déi scho vun 2017 u Beamtin an der Administratioun vun eiser Gemeng ass, bereet war, dëse Posten unzehuelen. D'Kim huet d'Formatiounen an de Receveur-Exame gemaach, konnt nach vum Pit an d'Matière agewise ginn an dunn direkt als Receveuse an den Asaz goen, soubal de Pit a Pensioun war.

Kim, mir wënschen dir Satisfaktioun an Erfolleg an denger neier Funktioun als Receveuse vun eiser Gemeng!

*Text: Martine Dimmer*
*Fotoen: Pierre Haas*

# NEI OP DER GEMENG

Mir si frou, Iech eis zwee nei Mataarbechter virzestellen, déi alle béid den 1. November 2024 ugefaang hunn op eiser Gemeng ze schaffen.





D'Madamm **Conny Eller** aus der Carrière B1 technique ënnerstëtzt den Här Gilles Stein vum technesche Service an den Här Filipe Soares aus dem Service vun de Bauten. Si schafft am enke Kontakt mat der Ekipp vun den Aarbechter an ersetzt den Här Stein, wann deen net do ass. Si geet och Chantiere kontrolléieren. Wann den Här Soares am Congé ass, gëtt d'Madamm Eller de Bierger Renseignementer zu de Bauprojeten. D'Madamm Eller bréngt eng gewëssen Erfarung mat op eis Gemeng, si hat virdru schonn op enger Gemeng am Süde vum Land geschafft. Nodeems si mat hirer Famill op de Kuebebuer wunne koum, huet si sech ëmgekuckt, fir eng nei Aarbecht an hirer Géigend ze fannen.

Den Här **Jack Nickels** vu Pëtschent schafft an der Ekipp vum techneschen Déngscht a gouf haaptsächlech agestallt fir mam Här Pit Larry am Beräich Waasserversuergung ze schaffen. Hien ënnerstëtzt d'Ekipp awer och bei allen aneren Aarbechten, déi ufalen. Den Jack huet den DAP vum Installateur chauffage-sanitaire a schätzt et, dass hien no senger Léier séier d'Chance krut, op dee fräie Posten op eiser Gemeng genannt ze ginn.

*Text: Martine Dimmer*
*Fotoen: Joëlle Duschang*

# INTERVIEW MAM FILIPE SOARES

**Wéi sidd Dir bei d'Gemeng Waldbëlleg komm?**

Ech hunn d'Annonce fir en nei geschafene Poste fir den „Service des bâtisses" um Internet gelies an hu meng Kandidatur gestallt.

**Wéi laang maacht Dir deen Job schonns?**

Ugefaang op der Gemeng Waldbëlleg hunn ech den 1. Juni 2014. 2016 hunn ech déi néideg Examen a Formatioune fir de Gemengesecteur um INAP absolvéiert a sinn den 1. Januar 2017 vum deemolege Buergermeeschter Jean-Luc Schleich als Fonctionnaire vereedegt ginn.

**Wat sinn déi gutt Säiten dovun?**

Et ass eng villsäiteg an ofwiesslungsräich Aarbecht. Et huet een d'Méiglechkeet, direkt mat de Bierger ze schaffen an hinne bei hire Projete berodend zur Säit ze stoen.

**Wat sinn d'Erausfuerderungen?**

Eng vun de gréissten Erausfuerderungen ass et, d'Erwaardunge vun de Bierger mat de Ressourcen, déi mir hunn, ze balancéieren. Et ass och heiansdo schwéier, alle Bedierfnesser vun enger diverser Gesellschaft gerecht ze ginn.

**Wou hutt Dir virdru geschafft?**

No mengem Ofschloss op der Universitéit Kaiserslautern am Bauingenieurswiesen hunn ech am Privatsecteur geschafft. Ufanks an der Stad an engem Ingenieur- a Urbanistebüro an uschléissend zu Miersch an engem Planungsbüro, wou ech vill Erfarung am Bausecteur gesammelt hunn.

**Wat géif Dir Iech fir d'Zukunft an Ärem Beruff wënschen?**

Ech géif gäre weiderhin d'Gesellschaft an de Bierger ënnerstëtzen an nei Projeten entwéckelen, déi d'Liewensqualitéit vun de Bierger verbesseren. Ech hoffen och, datt mir méi Ressourcë kréien, fir nach méi Projeten ëmzesetzen.



**Fannt Dir, datt et sech gutt an eiser Gemeng liewe léisst?**

Ech wunnen zwar selwer net an der Gemeng Waldbëlleg, mee ech fannen, datt d'Gemeng Waldbëlleg eng wonnerbar Plaz ass fir ze liewen. Waldbëlleg ass no bei der Natur, huet eng staark Gemeinschaft a vill flott Aktivitéiten an Evenementer.

**Wou wunnt Dir elo?**

Ech wunnen an der Ärenzdallgemeng zu Miedernach, wat net wäit vun der Gemeng Waldbëlleg ewech ass. Et ass eng roueg an agreabel Géigend.

**Wat maacht Dir am léifsten, wann Dir no der Aarbecht heem kommt?**

No der Aarbecht verbréngen ech gär Zäit mat menger Famill a maache Spadséiergäng an der Natur. Ech genéissen et och, u klengen Heemprojeten ze schaffen.

*Foto: Filipe Soares*

# INTERVIEW MAM MAXIME BENDER

### Géift Dir Iech kuerz virstellen?

Ech sinn 1982 zu Ettelbréck gebuer a wunne säitdeem zu Waldbëlleg, wou meng Famill elo an der 5. Generatioun wunnt. Ech sinn zu Waldbëlleg an d'Primärschoul gaangen a war am Lycée zu Iechternach. Meng Première hunn ech am Stater Kolléisch, Athenée op der F-Sektioun (Musekssektioun), ofgeschloss. Duerno hunn ech zu Stroossbuerg, Bréissel a Köln Saxophon a Kompositioun op der Musekshéichschoul studéiert.

Ech war Enseignant zu Iechternach an der Museksschoul an zu Ettelbréck am Conservatoire. Säit elo 5 Joer sinn ech Direkter vum Trifolion Iechternach a programméieren a koordinéieren de Festival Echterlive. Donieft sinn ech ënner anerem President vun der Federatioun vun de Regionale Kulturhaiser, Vizepresident vu Luxembourg-ticket GIE an der Alliance Musicale. Reegelméisseg spillen ech Concerten, huelen Alben op a schreiwe Musek fir divers Ensembelen.






### Wéini a firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?

2017 sinn ech fir d'éischte Kéier an d'Gemengewale matgaangen an hat déi grouss Éier direkt d'Vertraue vun de Bierger aus der Gemeng geschenkt ze kréien a gouf an de Conseil gewielt. 2023 huet et mech immens gefreet erëm gewielt ze ginn.

Duerch mäi Papp, deen 18 Joer Buergermeeschter vun der Gemeng Waldbëlleg war, sinn ech schonns a ganz jonkem Alter mat der Gemengepolitik a Kontakt komm.

Et war fir mech ëmmer eng Evidenz mech konstruktiv ze engagéieren. Doduerch louch et och op der Hand, datt ech mech fréier oder spéider géif an der Gemengepolitik engagéieren.

### Wéi eng politesch Dossiere leien Iech speziell um Häerz?

Et si schonns eng Partie wichteg Dossieren, déi en Cours de route sinn, wéi zum Beispill déi nei Kläranlag oder d'Waasserversuergung fir d'ganz Gemeng oder den Ausbau vum Gemengenhaus. Ganz wichteg ass elo den Ausbau vu Schoul a Maison relais, fir esou attraktiv ze si fir jonk Elteren an de Besoinen gereecht ze ginn. Eis eeler Generatioun dierf och net vergiess ginn: et soll een hinnen all méiglech Servicer ubidden, déi hinnen zeguttkommen. Dem Service an den Demandë vun eise Veräiner soll ee gerecht ginn. De Mëllerdall soll mat engem touristesche Gesamtkonzept gutt opgestallt gi fir déi nächst 30 Joer an doriwwer eraus. Insgesamt geet et mir ëm eng intelligent

Zukunftsgestaltung vun der Gemeng mat moderatem Wunnengsbau, d'Erhale vun eisem ländleche Charakter, d'Investéieren an erneierbar Energien an ëmweltbewosst Politik féieren.

**Soll Ärer Meenung no eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen, oder net?**

Fir eng Gemeng wéi Waldbëlleg, déi vun Infrastrukturen a Servicer souvill ze bidden huet, fannen ech, datt aktuell kee Besoin besteet, fir an iergendenger Form eng Fusioun anzegoen. Doduerch datt een onofhängeg bleift, kann een de Bierger méi no sinn a vill méi séier op hir Attentë reagéieren. Natierlech ass eng gutt Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemengen, esou wéi se elo schonns säit Jore besteet, ganz wichteg, sief et duerch d'Ausléine vu Maschinnen oder duerch gemeinsam Projeten. Natierlech soll een sech awer der Diskussioun net verschléissen am Fall wou et zukünfteg zu sou engem Besoin sollt kommen, am Wëssen, datt mir de Moment kuerz Weeër hunn an esou no beim Bierger kënne sinn.

**Wat si fir lech perséinlech d'Unzéiungspunkte vun eiser Gemeng, firwat lieft Dir gären hei? Wat kéint besser sinn?**

Eis Gemeng ass eng immens schéi Gemeng am Häerze vum Naturpark Mëllerdall. Et ass eng vun de schéinsten, wann net déi schéinste, Plaz an eisem Land. Ech sinn immens gären an eiser Gemeng, well et eng rural Gemeng ass mat enger immens grousser Liewensqualitéit, sief et duerch eist qualitativ héicht Drénkwaasser, wat bal keng aner Gemeng zu Lëtzebuerg huet oder eis héichwäerteg Servicer an Infrastrukturen, déi mer an eiser Gemeng hunn. Doduerch ass a wäert och an Zukunft eis Gemeng immens attraktiv bleiwen an awer dierf een net vergiessen an d'Zukunft ze investéieren.

Wat kéint besser sinn? Flott wier et wa mir deen een oder anere weidere klenge Commerce an eiser Gemeng hätten an eis och nach besser un de nationale Vëloreseau ubanne géifen.

*Fotoen: Famill Bender, Serge Heimlich, ITC*






# COMMEMORATIOUN 2024

D'Feier war den 12. Oktober 2024 zu Haler an hat eng speziell Bedeitung, well et elo beim Joreswiessel 80 Joer waren zanter der Ardenneroffensiv vun de Preisen, der *Battle of the Bulge*, bei där Waldbëlleg an Haler schwéier beschiedegt goufen.

De Schäffe Romain Tobes huet a senger Ried dorunner erënnert.

**Leif Matbiergerinnen a Matbierger,**

Den 10. September 1944 ass d'Stad Lëtzebuerg duerch déi US-amerikanesch Arméi befreit ginn. Dëst ass elo 80 Joer hir.

Haut um Nationale Commemoratiounsdag gedenke mir all deenen

- 5.703 Leit, déi hiert Liewe geloss hunn,
- deenen 10.211 Zwangsrekrutéierten
- deene 4.186 Déportéierten
- an all deenen, déi wärend der Naziherrschaft am Widderstand aktiv waren.

Gemooss un der deemoleger Awunnerzuel (ronn 290.000) war Lëtzebuerg dat Land, wat déi zweetmeescht Affer a Westeuropa gezielt huet. Eng schrecklech 2. Plaz!

Fir Europa war et eent vun deenen däischterste Kapitelen an der Geschicht, och bei eis war et eng Zäit vu vill Misär a Leed.

- Vill jonk Leit kruten hir Jugend geholl.
- Männer, déi aus de Familljen erausgerappt goufen an hir Heemecht net erëm gesinn hunn, well si un der Front gefall sinn oder higeriicht goufen.
- Meedercher a Fraen, déi an de Reichsaarbëschtsdéngst agezu goufen.
- Net ze vergiessen sinn awer och déi Refractairen, an déi, déi aus der Wehrmacht geflücht sinn, grad ewéi dei couragéiert Matbiergerinnnen a Matbierger, déi hinne gehollef hunn, souwéi hir Famillen, déi an dëser Zäit matgelidden hunn.

Besonnesch gedenke mir den Affer aus eiser Gemeng an halen hiert Undenken an Éiren.






Nëmmen duerch de Courage an den Asaz vun hinnen all kënne mir haut zesummen a Fräiheet a Fridde liewen.

E Fridden deen a Gefor ass, wa mir déi politesch Stréimungen am Häerz vun Europa kucken.

- Däitschland, Frankräich, Italien, Holland an net zulescht Éisträich, weisen en Opkomme vu Rietspopulismus.

Net ze vergiessen de Krich an der Ukrain an, et kann een et net méi anescht nennen, de Krich am Noen Osten.

Dat alles menacéiert den initiale Gedanke vun engem gëeenten Europa a Fridden an a Fräiheet.

Dofir loosst eis zesumme virgoe géint all Unzeeche vun

- Virurteeler
- Veruechtung an
- Aggressivitéit

géintiwwer Mënschen, vun deene mir mengen si wären anescht.

Mir alleguer kënnen en Deel zu enger mënschefrëndlecher Gesellschaft bäidroen, andeems mir eise Matbierger mat Respekt, Toleranz a Versteesdemech begéinen.

Erënnerung ass eis Pflicht géintiwwer de Verstuerwene vum Krich, a si gëtt eis d'Méiglechkeet, fir déi jonk Generatiounen ze sensibiliséieren. Si sollen zesumme mat eis léieren net fortzekucken, mee sech ze engagéiere fir

- Demokratie,
- Fridden a
- Fräiheet.

Erënnerung ass wichteg, an dat Joer fir Joer a Generatioun fir Generatioun.


Schléisse wëll ech mat de Wieder vun engem vun de Jongen, deen zu Hinzert op Grond vum Generalstreik vun 1942 erschoss gouf:

***„Stierwen ze mussen ass net schéin***
***mee ech hoffen, dass mäin Dout net ëmsoss war***
***an dass nom Krich***
***näischt méi esou geschéien däerf."***

*Foto: Olivier Glod*

# BAUHÄREPRÄIS

Fir d'Realisatioun vum Projet vun der Spillplaz am Mëllerdall hat den Ordre des architectes et des ingénieurs-conseils du Grand-Duché de Luxembourg (OAI), d'Gemeng Waldbëlleg nominéiert fir de Bauhärepräis.



**BAUHÄREPRÄIS OAI 2024**

Projet N° 11349
Catégorie : Aménagement du territoire / Urbanisme / Espace paysager

*« Cette aire de jeux fantastique, pour petits et grands, conçue avec des matériaux naturels qui s'adaptent parfaitement au lieu, est devenue une attraction incontournable du Mullerthal. La commune en est fière. »*

WALDBËLLEG

**Aire de jeux Heringer Millen, Waldbillig**
**Maître d'ouvrage : Administration Communale de Waldbillig**

**Paysagiste** : Papaya Urbanistes et architectes paysagistes / 12, av. du Rock'n'Roll, 4361 Esch-sur-Alzette / 26 17 84 / papaya.green / mission complète **Sélection des concepteurs** : par marché négocié **Durée conception** : 12 mois **Durée chantier** : 6 mois **Surface habitable/utile** : 8.400 m² **Coût de construction** : 230 €/m² htva **Réalisation** : par corps de métiers séparés **Descriptif du projet** : La commune de Waldbillig a entrepris la construction d'une nouvelle aire de jeux, impliquant activement ses résidents dans ce projet. Située près de l'Ernz Noire, dans le Müllertal, cette aire de jeux à la Heringer Millen nécessitait une conception résiliente aux inondations, tout en respectant la nature et les souhaits des parties prenantes. Nous avons ainsi proposé une approche créative avec une aire de jeux intergénérationnelle, utilisant des matériaux naturels et une gestion responsable de l'eau. Le concept comprend divers espaces de jeux pour offrir aux enfants une expérience ludique variée, avec des structures en bois et en grès agrémentées de touches vertes pour une esthétique harmonieuse. Les bordures servent à la fois de retenue pour les copeaux de bois et de sièges pratiques pour les accompagnateurs, contribuant ainsi à une ambiance visuelle apaisante.

**Pour quelles raisons la collaboration entre le maître d'ouvrage et l'équipe de maîtrise d'œuvre a-t-elle été exemplaire ?** *Dès le début de la collaboration avec Papaya, leur passion pour le projet se faisait sentir. Les échanges et rendez-vous avec Papaya ont été simples, l'équipe a répondu vivement aux demandes et attentes des participants et géré la planification et réalisation du chantier à pleine satisfaction du collège échevinal. Le projet a été réalisé dans les délais fixés à l'avance, le devis n'a pas été dépassé et l'administration de la commune a bien été assistée dans les démarches administratives.*

**Quels enseignements tirez-vous de votre expérience ?** *Une approche participative mène au succès.*

**Avez-vous des conseils à donner à de futurs maîtres d'ouvrage ?** *La commune conseille de prévoir beaucoup de temps pour la planification d'un tel projet et de se concerter avec tous les porteurs de projet possibles.*

BAUHÄREPRÄIS OAI 2024 © OAI 2024 WWW.OAI.LU #BHP24

OAI
ORDRE DES ARCHITECTES ET DES INGÉNIEURS-CONSEILS

# CHANCËGLÄICHHEET




Den 12. November hat d'Gemeng Rouspert-Mompech d'Naturpark Gemengen op eng Infoversammlung iwwer d'Chancëgläichheet invitéiert. Dat war verbonnen mat enger Formatioun iwwer den Theema Aféierung an d'Terminologie an d'Prinzipie vun der Geschlechter-Gläichstellung an de Gemengen, déi assuréiert gouf vum MEGA, Ministère de l'Égalité des genres et de la Diversité.

D'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer huet d'Gemeng Waldbëlleg vertrueden.

*Foto: MEGA*

# SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*




*Foto: Cycle 2*

# SCHOUL



## Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen …

Wéi all Joer hunn d'Kanner sech op dee groussen Dag vun Niklosdag gefreet. Si hu Lidder geprouft, vill gebastelt an dekoréiert, an du war et esou wäit: De Kleeschen ass an d'Schoul komm. D'Kanner aus dem C1 hunn dem Kleeschen zesummen hir Lidder an d'Klappgedicht virgedroen an och fir den Houseker hunn si e Lidd gesongen. De Kleeschen huet hinnen 2 schéi Bicher an e leckere Boxemännche ginn, a wat hunn si gestaunt, wéi si am Haischen nach e puer Gefierer fir am Haff fonnt hunn.

Villmools merci Kleeschen.





## Harpapier

Am Hierscht huet den C1 sech op de Wee an d'Mierscher Kulturhaus gemaach, fir sech d'Stéck Harpapier unzekucken. D'Kanner sutze ronderëm d'Bün op Këssen an hunn den zwou Kënschtlerinnen aus der Schwäiz nogekuckt, wéi si hir Opféierung mat der Harf a Pabeier gemaach hunn. Zum Schluss duerft jiddereen op d'Bün fir Pabeier ze schéissen, anzesammelen an an engem laangen Zuch der Harfespillerin nozegoen. Wat war dat flott!

*Cycle 1 vun der Martine Schmit*



## Schoul um Haff am Cycle 1

Am Hierscht 2024 hunn déi dräi Spillschoulsklassen hiert Klassenzëmmer jeeweils fir ee Moie bei d'Catalina Baden op den Haff „am Aker" verluecht, fir do sou munches iwwer Äppel oder Kalbasse kennenzeléieren. Et gouf gutt zesummegeschafft: Äppel geschnidden a gemuel, fir Viz ze maachen, Kompott gekacht, Äppeltäsche gebak. An et war och nach Zäit eng Titche mat der Äppeldrocktechnik ze verschéineren. Och d'Kalbassen si verschafft ginn: Zopp gekacht, Kalbasseisekuche gebak a Kürbissmonstere gebastelt.

D'Kanner ware begeeschtert derbäi an hu bei allem gutt matgeschafft. Wëll et sou flott war, sinn am Laf vum Schouljoer nach weider Aktivitéiten um Haff geplangt a mir freeën eis schonn drop.

*Joëlle Niederweis*















# Schoul dobaussen am Cycle 2

All Dënschdeg moies heescht et fir d'Kanner aus dem Cycle 2.2b vu Waldbëlleg: waarm undoen an eraus! Eemol d'Woch gëtt hei nämlech de Klassesall géint de Bësch getosch an et gëtt dobausse geléiert.

Um 9:00 Auer steet de Bus scho prett virun der Schoul, fir eis an de Bësch ze féieren. Hei installéiere mir eis an eisem „Bëschklassesall" an hunn als éischt mol kuerz Zäit, fir eis alles méi genau unzekucken. Et gëtt wierklech ëmmer erëm eppes Neies ze entdecken: e Schleek, e Kiewerlek oder eng Spuer vun engem Déier. Dono geet et dann awer direkt mam „richtege" Léiere lass: Mir treffen eis am Krees a kréien Erklärungen zu de verschiddenen Aufgaben. Dono ginn d'Klemmbrieder an d'Bläistëfter verdeelt an et kann direkt lassgoen. Meeschtens maache mir am Bësch Rechnen oder Däitsch: et gëtt gelies, geschriwwen, erzielt, gelauschtert, gerechent oder gemooss. Hei léiere mir net nëmme mee mir sinn andeems a Beweegung an an der fräscher Loft.

Heiansdo gëtt et och méi abenteuerlech: Da schnëtze mir kleng Wichtelen, mole mat Leem un d'Beem oder bauen Hütten. Um 11:00 Auer geet et dann awer erëm zréck an d'Schoul. Besonnesch wann et mei kal ass, freeë mir eis dann iwwer ee gudde waarmen Téi.

Mee firwat dann iwwerhaapt dobausse léieren? Eis Erfarungen decken sech mat villen internationale Studien a weisen, dass d'Léieren dobaussen sech positiv op d'Kanner (an d'Enseignanten) auswierkt. Jidderee kann dovun op ville verschiddenen Niveaue profitéieren: d'Fitness verbessert sech, d'Immunsystem gëtt gestäerkt, Stress gëtt reduzéiert, d'Sozialkompetenz verbessert sech an d'Ëmweltbewosstsinn entwéckelt sech.

D'Schoul dobausse mécht also net just Spaass, mee ass och a villen aneren Aspekter eng grouss Plus-value fir eis Schoulen!

*Cycle 2.2b vun der Julie Lipperts*















## MAISON RELAIS

Hei sinn e puer Fotoe vun den Aktivitéiten an der Maison relais: Halloweenparty, Visite vum Kleeschen an der Crèche a Kaddoe vum Kleeschen fir d'Maison relais an de Chrëschtmaart.

*Matgedeelt vun der Maison relais*











# Chantier an der Maison relais

De Chantier vum Ausbau vun de Raimlechkeete fir d'Maison relais ass fäerdeg! Wou virdru véier Kellerraim waren, huet d'Gemeng zwee schéi Säll fir d'Maison relais mat grousse Fënstere baue gelooss.

*Fotoen: Maison relais*











# Völkercup

Den 18. Januar war den traditionelle Vëlkerballturnéier *Völkercup* vun der Maison relais an der Sportshal. Hei sinn e puer Fotoen.















*Foto: Damaris*

# VERÄINER // *ASSOCIATIONS*




*Foto: AMC*

# D'AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH



Wanter um AMC-Terrain: Reen, Schnéi, Reen, Wand ... gutt kal, e bësse méi waarm, an da kale Wand vun Osten oder vu Westen. Am Rescht vun 2024 sinn d'Loftbeweegungen um AMC-Terrain méi siele ginn an de Veräin huet sech op dat neit Joer virbereet! Dat heescht, doheem ass fläisseg gepecht, geseet a gepënselt ginn, fir all den opgestauten Entretien fachgerecht ofzeschléissen ... oder esou guer nees e neie Projet unzegoen.

An dëser Editioun vum FUUSS, nom Iwwergank an en neit Kalennerjoer, geet et ëm eng essenziell Phas vun allen Aktivitéite ronderëm d'Aviatioun: **d'Landung!**

Komme mir mam Vakanzefliger aus dem Süden, an et war e wéineg turbulent, d'Maschinn sëtzt roueg um Findel op ... Applaus! Freed, Entspanung, Séilegkeet!

Um AMC-Terrain geet et eis och esou, mat neie Konstruktiounen déi hir éischt Landung ganz oder hallefweegs ganz iwwerstanen hunn ... Gléck, Applaus vun de matfillende Kolleegen!






Fir ze fléie brauch de Fliger, jee no Geometrie vun de Flilleken oder jee no Profil vum Flilleksquerschnëtt, symmetresch, hallef sym ... eng gewësse Vitesse. Bei eise Modeller ass dat esou ëm 45-50 km/h. Bléist de Wand géint de Fliger bei der Landung, da kann d'Vitesse iwwer dem Buedem, méi kleng sinn.

## Wéi gesäit esou e Landemanöver aus?

Ee Bléck op de Loftsak an d'Approche leeft un! Aus enger Héicht vu 35-40 m iwwerem Terrain gëtt am Rechteck ronderëm den Terrain geflunn, fir an der Approche finale géint de Wand iwwer d'Mëtt vun der Breet vum Terrain eranzekommen!

D'Approche vun uewen a vun der Säit. Rout iwwer 50 km/h.











Uewen de *logging* an hei d'Biller vun der Landung.

Wa Motorflug, ... dann de Gas manner, an d'Flapps erof! De Fliger gëtt méi lues a geet erof. Muss awer huerteg genuch bleiwen, soss feelt Opdriff an et gëtt näischt méi ze steieren!

D'Querruder halen d'Maschinn horizontal, säitlech Oflenkung vum Runway gi mat Säiterudder opgefaang, an ëmmer mat héich/déif/queer gekontert wann ze vill ofgelenkt!

Den Drosselgas oder den Elektroregler erlaabt genuch Kraaft op dat Ganzt ze ginn, fir am Schleppgas bis zum touch down op der Wiss ze kommen.



De Seegelfliger ka mat Bremsklappen (déi maachen den Opdriff futti) a mat der Butterflystellung (Flapp erof a Querruder erop) méi lues gemaach ginn, dass d'Landung geléngt.

Setzt de Fliger dann op, e bësse fest, da kann e sprangen, d'Kopplabunz maachen, wat dacks e futtist Fuerwierk oder/an e gebrachene Propeller bedeit!

Weider Probleemsituatioune kënnen entstoen, wann d'Landung vu säitleche Wandstéiss verkomplizéiert gëtt, oder wa beim Fléien e Rad verluer gaang ass.











Jett Méiglechkeeten also, fir eng Landung net ze reusséieren. Dofir déi grouss Freed wann et da klappt. A mat genuch Exercice klappt et jo awer dacks, nach net ëmmer.... an da muss gepecht ginn. E spannenden Hobby, dat enge sëllege méi jonken awer och scho méi stännege Pilote vill Freed a schéi Momenter bereet!






Bei Froen zu den Aktivitéite vum AMC, kritt Dir gären déi néideg Explikatioune beim Paul Mehlen um Tel. 621 21 91 29.

Dem Lieser vum FUUSS wënsche mir e schéint neit Joer, mat gesondem Kierper a Gemitt, Fridden a Chance fir 2025.

*Redaktioun a Biller: Henri Beissel, Marcel Delleré, Ali Federmeyer, Jos Gaspard, Romain Hanten, Pol Mehlen, Push Steffen*

# CLUB DES JEUNES CHRISTNACH



Och déi lescht Zäit ware mir erëm aktiv. Zesumme ware mir den 22. September op d'Schubb-K-Rennen zu Walsduerf. Mat eisem „gudde Jabel" hu mir eng super 2. Plaz gemaach.

All éischte Sonndeg am Mount hu mir e Sonndes Apéro organiséiert. Do si Jonk an Al zesumme komm, fir e puer flott Stonnen zesummen ze verbréngen.

Och e Wal-Apéro hu mir de 9. September organiséiert, virun den Europawalen.



Eis traditionell Chrëschtnecher Kiermes hu mir den 9. November zu Waldbëlleg an der Bushal gefeiert. Zesummen hu mir mat de Leit aus dem Duerf e flotten Owend verbruecht. Bei gudder Kiermesham, Kiermesmusek a Kiermesdrëpp hu mer den Owend gemittlech ausklénge gelooss.










De 5. Dezember ass de Kleeschen och nees mat senge Gesellen duerch d'Gemeng gezunn an huet ville Kanner e Laachen an d'Gesiicht gezaubert.

Als Ofschloss vun dësem Joer hu mir den 18. Dezember bei der Adventsfënster matgemaach. Do konnten d'Leit sech bei Glühwäin, Schocki an engem gudde Paangech verwinne lossen.

**Och du bass gesicht!** Du bass 16 Joer al, motivéiert an hues Loscht an enger dynamescher Ekipp matzewierken? Da komm den 21. Februar op eis Generalversammlung op Chrëschtnech an de Clubsall. Mir freeën eis op dech.

*Michèle Duschang*








# KALATOU ASBL

Am FUUSS vum Juni 2024 hu mir bericht, datt mir drop an dru waren, eng Sendung mat Schoulbänken op Nabonga an der Région des Savanes (Togo) ze schécken, woubäi mir mam Veräi Le Lien du Coeur vun Hiefenech – deen och zanter laangem mat Entwécklungshëllef am Togo beschäftegt ass – e Container fir den Transport sollten deelen.


De 5. August war et esou wäit, an de Camion ass zu Haler mat Miwwelen an anere Schoulsaache geluede ginn. Mir soen heimat der Madamm Margot Gilles vun Haler villmools Merci, datt mir d'Miwwelen an hirer Scheier hunn däerfe stockéieren. D'Miwwele waren zu engem Deel aus Schoule vun Diddeleng, deen aneren Deel war vum Hiefenecher Veräi Le Lien du Coeur.




Den 1. September ass dann eis Presidentin d'Madamm Thérèse Bagnah an den Togo gereest, fir ze kontrolléieren, datt d'Miwwele gutt zu Lomé ukomm sinn. Dohanne war d'Rentrée schonn de 16. September, also huet si sech misse fläissen, fir d'Material mat Zäit un d'Leit ze bréngen. Dobäi huet si sech och misse vun der Regionalhaaptstad Dapaong op Lomé (600 km) an zeréck deplacéieren, fir déi néideg Geneemegunge vum Educatiounsministère ze kréien.

Ausser zu Nabonga hunn och d'Primärschoulen an deenen heiten Dierfer vun dëser Sendung profitéiert: Talkinbounte, Gbantchal, Tougoung an Toaga. Op de Fotoe gesitt Dir, wéi d'Kanner an hiert Schoulpersonal fir




Dapaong, le 28 octobre 2024
Le Directeur Régional de l'Education des Savanes
à
Madame la Présidente,



eis Sendung Merci gesot hunn. Och hei ze gesinn ass de Remerciement vum regionalen Direkter am Educatiounsministère un d'Madamm Bagnah, woubäi déi eenzel Artikelen ënner de verschiddenen Dierfer opgedeelt gi sinn.

D'Gemeng Waldbëlleg huet mat engem generéisen Don vun 2.000 € u Kalatou zu de Käschte vun dësem Projet bäigedroen. Ausser der Gemeng Waldbëlleg waren d'Donateure fir dëse Projet d'Gemeng Diddeleng, de Lions Club, Kiwanis an de Rotary Club.

Eisen nächste Projet wäert d'Opriichte vun engem Schoulsall zu Toaga sinn. Doriwwer gitt Dir mat Zäit informéiert.

Natierlech si mir och fir all Don hei aus der Gemeng immens dankbar. Dat geet entweder iwwer d'Websäit ***kalatou.org*** oder via dëse QR-Code.

Dir kënnt och en Don maachen, andeem Dir eng Iwwerweisung op ee vun de Konte vun der Fondation Fonds interculturel maacht: Post LU53 1111 7270 7459 0000 oder BCEE LU69 0019 1000 0116 0000, wat Iech et erlaabt, Ären Don vun de Steieren ofzesetzen.

Am Comité vu Kalatou sinn:
Bagnah Thérèse (Presidentin);
Becker Kerstin (Vice-Presidentin);
Wickens Henry (Sekretär);
Stevens Elli (Caissière);
a Baden-Lobitz Danielle.

**Kontakt:**
Thérèse Bagnah,
9, rue de Christnach,
L-7680 Waldbillig,
Tel. 691 79 97 61;
E-Mail: ***kalatou.info@gmail.com***

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Thérèse Bagnah*

# TURNVERÄIN ËMMER FIT



No engem flotte Summer, mat villen ofwiesslungsräichen Aktivitéiten an eisem SUMMER FIT-Grupp, si mir den 23. September 2024 offiziell an eis nei Saison gestart.

Och dëst Joer hu mir erëm vill Zoulaf, insgesamt si bis elo 60 Dammen ageschriwwen. Geturnt gëtt erëm an zwou Gruppen: Den 1. Grupp fänkt um 18:30 Auer mam Soft-Gym un an direkt dono geet et mam traditionelle Workout weider. Alles ënner der Leedung vun der Agata Klimek.

D'Agata léisst sech ëmmer nei Saachen afalen, fir eis a Form ze bréngen oder ze halen.

Sou och de 16. Dezember, um leschten Training virun de Chrëschtdeeg. „12 Days of Christmas" war de Motto. Eng „soft" an eng bësse méi „ustrengend" Versioun hat si eis preparéiert. Geturnt gouf deen Owend an engem saisonal passenden Dress. Vum Kleesche bis zum Dennebeemchen. Schéin „dekoréiert" hu mir virun de Feierdeeg nach emol alles ginn.








Op Dräikinneksdag hate mir dunn eisen éischten Training am neie Joer.

Eisen Neijoerschpatt hu mir dës Saison mat eiser Assemblée générale combinéiert.

Mëttwochs, den 8. Januar hate mir op e flotten Owend mat Ham, Fritten an Zalot zu Miedernach op der Gare invitéiert. Mir hunn eis gefreet, datt trotz dem stënterleche Wanterabroch an den nit sou gudde Stroosseverhältnisser, awer souvill Damme bis op Miedernach komm sinn.

D'Gemeng war och gutt vertrueden, eis Buerger-meeschtesch d'Andrée Henx-Greischer, d'Corinne Meyers an de Chrëscht Berens haten sech ugemellt, fir eis nolauschteren ze kommen. Sou hate mir och emol en Här an eiser Damme-Ronn; de Chrëscht war souzesoen den Hunn am Kuerf.

Et goufen och e puer kleng Kaddoen als Merci verdeelt.

E Bong fir eis Trainerin d'Agata an idem och fir d'Anne, déi ëmmer mol erëm ganz spontan aspréngt oder depannéiert, wann der Agata eppes dotëscht kennt.

Et sinn och schonn e puer nei Iddien a Propose gemaach ginn. Mir haten en oppent Gespréich, wou jiddereen sech matdeele konnt. Mir sinn ëmmer frou, wann eis



Memberen nei Proposen oder Virschléi maachen, wat een als Veräin nach ënnerhuele kéint.

Sou en Owend ass ëmmer richteg flott a gemittlech. Mir si frou, datt och dës Saison erëm souvill Dammen bei eis matmaachen. En décke Merci un Iech all!

Wien elo virwëtzeg ginn ass a motivéiert, fir bei eis matzemaachen, de kann sech gäre bei eis mellen:

**emmer.fit@gmail.com**

Oder einfach emol méindes owes laanscht schnuppere kommen.

Avis aux amatrices.

Bis geschwënn, bleift all gesond, FIT a monter.

*De Comité vum Turnveräin „ËMMER FIT"*

# D'BADMINTONSPILLERIN KIM SCHMIDT VU WALDBËLLEG




*Am Kanada, Foto: Facebook Badminton Canada*




*Am Sambia, Foto: Alen Roj*

Wéi viru gutt 10 Joer d'Anne Penning, d'Nicole Bintner, den Alain Wenner, de Pit Beckené, den Theo Moulin an de Luc Schmidt de Waldbëlleger Badminton Veräi gegrënnt hunn, huet d'Kim schonn zu Jonglënster trainéiert. En Transfert an den neie lokale Club war déi logesch Suite, war de Wee fir op den Training dach lo liicht zu Fouss ze maachen. Zu Jonglënster waren se net frou driwwer, vu dass em Kim säin Talent deemools schonn offensichtlech war. Zu Waldbëlleg huet si séier an der éischter Ekipp den Dammeneenzel an zesumme mat der Michèle Havé och den Doubel gespillt, a konnt zwee Mol hannerteneen den Opstig matfeieren. Duerno ass si zeréck op Jonglënster gewiesselt, wou si Nationaldivisioun spille konnt, well si mëttlerweil ze staark fir d'2. Divisioun war.

Am Verglach mat Tennis an Dëschtennis gëllt Badminton als kierperlech extrem ustrengend (trotz oft laange Ballwiessel a ville klenge Sprints dauert ee Match bis zu annerhallef Stonn) an als besonnesch kreativ. De Spiller huet aus alle Positioune vum Terrain net nëmmen eng Hellewull Méiglechkeete wouhinner en de 5 g liichte Fiederball kann hispillen, mee och nach d'Optiounen en no bannen oder no baussen ze schneiden oder einfach nëmmen ofzeblocken. An net ze vergiessen, dass de Ball mat de Plomme Vitessë vun iwwer 500 Stonnekilometer beim Verloosse vun der 80 g schwéierer Rackett ka kréien!

Well d'Kim als Kand Nodeeler an der Kierpergréisst an domadder virun allem och an der Kraaft hat, huet si missen technesch besser gi wéi hir Géignerinnen. Dat kënnt hir haut bei de Senioren entgéint. Si glänzt net nëmme mat hirer Schnellegkeet, mee och well si eng grouss Panoplie u Schléi huet, wouduerch si technesch extrem flexibel an domadder onberechenbar fir hir Géignerinnen ass.

Am jonken Alter vu 16 Joer wënnt d'Kim 2020 eng éischte Kéier e Masters A, dat héchst dotéiertst nationaalt Turnéier. Dat selwecht Joer verléiert si d'Finall vun den Eenzel-Landesmeeschterschaften denkbar knapp an 3 Sätz géint d'Myriam Havé vu Schëffleng, der Schwëster vun der Michèle. Haut ass d'Kim zu Lëtzebuerg net méi vill am Asaz. Trainer war zu där Zäit den Hargiono Senior, ee renomméierte Spiller an Trainer aus Indonesien, vu sengem Know-how profitéiert d'Kim nach haut.

No der 3e verléisst d'Kim de Sportslycée, well hir de stonnelaange Präsenzunterrecht gekoppelt mat de ronn



*An Holland, Foto: R. Laagerward*




*Foto: R. Laagerward*




*Am Interview mam Bern Thill vun RTL bei de Luxembourg Open, Foto: Harry Daemen*

4 Stonne Sport pro Dag ze vill ginn ass. Si decidéiert mat de Studien um eCampus virunzefueren, d'Léiere fënnt elo um Computer statt. Déi spéider Resultater weisen, dass dat déi richteg Decisioun war, ab deem Moment hëlt hir Entwécklung sou richteg Vitesse op.

De Wiessel an de Seniorsberäich ass a ville Sportaarten e grousse Sprong a vill jonk Talenter hunn am Ufank Problemer do unzekommen. D'Kim awer weist direkt gutt Leeschtunge bei den internationalen Turnéieren an Europa, Amerika, Afrika an Asien. Hei zwee Meilesteng op hirem Wee no uewen: Bei engem internationalen Turnéier am Botswana spillt si 2022 hir éischt Finall. Si wënnt um Wee dohinner ënner anerem géint déi deemoleg Nummer eent aus Afrika. Beim Qualifikatiounstournoi fir d'EM gewënnt si dat selwecht Joer eng éischte Kéier géint eng europäesch Top 20 Spillerin (d'Katerina Tomalova aus Tschechien).

Mëtt 2023 kënnt de nächste Sprong am Kim hirer Entwécklung. Bei den European Games zu Krakau (Polen) weist si staark Leeschtungen a kënnt aus der Gruppephas eraus. Am Haapttableau verléiert si da géint d'Carolina Marin (Spuenien), déi bescht Spillerin aus Europa, eng fréier Welt- an Olympiagewënnerin, woubäi d'Kim den 1. Saz laang konnt ausgeglach gestalten. Déi logesch Konsequenz war, dass si de Fändel bei der Ofschlosszeremonie zu Krakau (Polen) gedroen huet. No deene ville gudde Resultater huet den COSL d'Kim an den Elittekader opgeholl an ugefaang si finanziell ze ënnerstëtzen, well eng Qualifikatioun fir d'Olympiad zu Paräis am Beräich vum Méigleche louch.

Bis Ufank Dezember 2023 ass d'Kim lues a lues bis op d'Plaz 105 op der Welt no vir geréckelt, sou gutt war nach ni e Lëtzebuerger placéiert. Am Nationalteam ass si mëttlerweil eng Klass fir sech.

Grad an deem Moment awer gëtt d'Kim vum Pech verfollegt. Op der Team-Europameeschterschaft am Dezember gewënnt si zwar den Optaktmatch géint d'Judith Mair, d'Nummer 1 aus Italien, mee leider verletzt si sech kuerz viru Schluss un der Hëft. Um Wee op Paräis gëtt si domadder abrupt gestoppt.

Am Laf vum leschte Joer huet sech no a no gewisen, dass d'Kaderstruktur vun der Federatioun den Ambitioune vum Kim net méi gerecht gouf. Si huet no besserem individuellen Training gefrot, huet souguer selwer e komplexe Leeschtungsdossier ausgeschafft, fir den Training op e méi héijen Niveau ze bréngen, mee huet wuel e bësschen ze vehement insistéiert, esou dass den Directeur technique an aner Feluba-Verantwortlech si eng Woch virun de Luxembourg Open gespaart hunn. Uschléissend gouf si aus dem Kader erausgeheit a konnt

5 Méint laang a kenger fester Struktur trainéieren. Et gouf an der Lescht vill op d'Dëschtennisfederatioun geklappt, well de Comité directeur der Sarah De Nutte (Haler) eng ëffentlech Rüg ausgeschwat huet wéinst engem Interview wärend der Olympiad 2024 zu Paräis. D'Strof vun der Feluba (Fédération luxembourgeoise de badminton) louch verhältnisméisseg e gutt Stéck driwwer.

Resultat: D'Kim huet de Lëtzebuerger Kadertraining verlooss a sech zu Holbaek an Dänemark, eng Zuchstonn vu Kopenhagen ewech, aquartéiert. Et muss ee wëssen, dass Dänemark zënter Joerzéngten dominéierend an Europa ass, sou dass d'Kim am Endeffekt vun engem däitlech besseren Training a vun talentéierten Trainingspartner profitéiere kann. Elo besteet d'Chance an de nächste Joren d'Potenzial auszeschöpfen. Am dänesche Center of excellence huet d'Kim e Kontrakt bis 2028 ënnerschriwwen, mam Zil sech fir d'Olympiad zu Los Angeles ze qualifizéieren.



*Zu Abu Dhabi, Foto: James Varghese*

Nom 1. Masters-Gewënn viru 5 Joer hat d'Kim an engem Interview mam Tageblatt gemengt: „Da ich an einigen Olympischen Spielen teilnehmen möchte, werde ich notgedrungen der erweiterten Weltklasse angehören müssen. Das bedeutet, dass ich in Europa die Top 20 und in der Welt die Top 60 anvisieren muss." Et ass net auszeschléissen, dass d'Rees vun der Ex-Spillerin vu Waldbëlleg am Summer 2028 op d'Westküst vun den USA wäert goen. Dir kënnt d'Kim um Wee dohinner op Instagram (→ kimoncourt) an op Facebook (→ Kim Schmidt) begleeden.

*Luc Schmidt*




Falls du och Loscht hues, wéi d'Kim, Badminton ze spillen, da mell dech iwwer Mail (***badmellerdall@gmail.com***) oder WhatsApp (691 82 15 92). Am Mäerz organiséiert de Veräin en Turnéier an der Waldbëlleger Hal, du kanns gär matspillen, och wann s de (nach) net am Veräin aktiv bass!

# MËLLERDALLER MÄNNERCHOUER

## 30 Joer Gesangskultur am Häerz vum Mëllerdall

De Mëllerdaller Männerchouer ass méi wéi nëmmen e Gesangsveräin. Mat eisen engagéierte Männer an enger talentéierter Pianistin sange mir net nëmme fir eis Freed, mee och fir d'Freed vun aneren – vu Lëtzebuerger Vollekslidder bis hin zu klasseschen a moderne Melodien aus der ganzer Welt an a verschiddene Sproochen!




2025 ass e besonnescht Joer fir de Veräin: Mir feiere schonn eist 30-järegt Bestoen! Dëst Jubiläum ass eng Geleeënheet, fir nach eemol ze weisen, wéi wichteg d'Musek fir Kierper a Séil ass.

### Réckbléck op 2024

Eis gréisst Erfarung war de Chrëschtconcert de 17. Dezember 2023 an der Kierch zu Waldbëlleg. Zesumme mat dem renomméierten Organist Roger Recht an dem engagéierte Support vun den Uergelfrënn Waldbëlleg hu mir en onvergiesslechen Owend fir Jonk an Al gestalt.

Och 2024 hu mir eis Generalversammlung ofgehalen, bei där eng gesond Keess an e positiven Ausbléck bestätegt goufen. Mir wëllen och an Zukunft versichen duerch kulturell Evenementer an aktiv Gemeinschaftsaarbecht d'Liewen am Mëllerdall ze beräicheren.

### E Bléck op 2025

D'Jubiläumsjoer bréngt nei Erausfuerderungen a vill Méiglechkeeten. Am Mee plange mir ee flotte Familljeconcert zu eisem 30-järege Bestoen. Mir si stänneg op der Sich no neie Sänger, déi eis Famill verstäerken. All Mënsch, dee Freed um Gesank an um Zesummeliewen huet, ass häerzlech wëllkomm!

### Kontakt:

Claude Hansen, President,
Tel. 661 72 13 13,
E-Mail: ***claude.hansen@education.lu***



Foto: Olivier Glod

# KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*

# MEET & GREET MAT DE KËNSCHTLER AUS EISER GEMENG

Den 22. September 2024 hat d'Kultur- an Tourismuskommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg eng Konschtausstellung mat Kanneratelieren an der Bushal organiséiert.

E ganzen Dag laang stoung d'Kreativitéit am Mëttelpunkt.

D'Gemeng huet e Patt a Pains surprises offréiert, wärend d'Membere vun der Kommissioun sech mat vill Engagement ëm de Service gekëmmert hunn.

Op der Ausstellung hunn d'Laure Smit-Wildanger, d'Céline Elbahri, d'Jana Azzeri, d'Lara Gerson, de Pierre Schommer an de Cordell Monson hir Wierker mat Stolz gewisen. Hir verschidde Stiler a Kreatiounen hu bewisen, wéi divers an talentéiert d'Kënschtlerzeen an der Gemeng ass.

Och d'Kanner konnten hir künstleresch Fäegkeeten entfalen. An den Atelieren hunn si mat Acryl gemoolt, Lieszeechen aus Lieder gebitzt oder kreativ Schildkröten aus Leem geformt. D'Resultater waren net nëmme beandrockend, mee hu gewisen, dass Konscht wierklech eppes Lieweges ass.

Dës flott Ausstellung huet och dozou bäigedroe festzestellen, wéi vill Kënschtler an Hobby-Kënschtler sech an der Gemeng verstoppen – méi wéi een sech virgestallt huet. Dofir hu mir decidéiert, dës Talenter an den nächsten Ausgabe vum FUUSS virzestellen.

An dëser Ausgab starte mir mat der jéngster Kënschtlerin: der Jana Azzeri. Bleift also gespaant, wat nach alles kënnt!

*Text: Yolande Kirsch*
*Fotoen: Oli Glod*



















# INTERVIEW MAT DER JANA AZZERI

D'Kultur- an Tourismuskommissioun hat den 22. September eng Konschtausstellung an der Bushal zu Waldbëlleg organiséiert. Well esou vill Kënschtler a Kënschtlerinnen aus der Gemeng derbäi waren, gi si an den nächsten Ausgabe vum FUUSS virgestallt.

Mir fänken an dëser Ausgab u mat der jéngster Kënschtlerin, der Jana Azzeri.

D'Jana Azzeri ass 19 Joer jonk a mécht dëst Joer hir Première am Lycée des Arts et Métiers, an dëst natierlech op der Konschtsektioun. Den Interessi un der Konscht begleet si scho vu Klengem un. Déi jonk Perfektionistin huet an engem rezente Schoulprojet hir Passioun zum Fotorealismus entdeckt an huet eis en Abléck an hir Konscht ginn.











**Ginn et gesellschaftlech oder perséinlech Sujeten, déi sech an denge Wierker erëmspigelen?**

Eigentlech nach net esou vill. Ech hu mäi perséinleche Konschtstil nach net wierklech fonnt. Ech probéiere mech ëmmer nach aus an testen ë bësse vun allem. Ech zeechnen a molen haaptsächlech dat wat mer grad an de Kapp kënnt oder mech inspiréiert. Ech sinn interesséiert u Konscht, déi méi an eng politesch a gesellschaftlech Richtung geet, a wie weess, villäicht wäert mäi Konschtstil och an esou eng Richtung goen.

**Wéi laang méchs du schonn deng Konscht?**

Ech molen an zeechne scho vu Klengem un. Als Kand war mäi Liblingsfach an der Schoul ëmmer Molen a Bastelen. Ech hunn am léifste mat Aquarell a Bläistëftsfaarwe gemoolt. Dat huet sech awer mat der Zäit geännert. Wärend mengen éischte Joren am Lycée hunn ech ëmmer méi mat Acrylfaarwe gemoolt a mëttlerweil si meng Liblingstechnike Bläistëft, Kräid a Pastellkräid.

**Wat sinn deng Inspiratiounsquellen?**

Meng Inspiratiounsquellen sinn ënnerschiddlech. Oft inspiréieren ech mech op Social Media. Am léifste benotzen ech dofir d'Plattform „Pinterest" wou een als Kënschtler eng grouss Inspiratiounsquell huet. Do fënnt ee vun allem wat een eebe grad sicht a brauch. Soss kréien ech natierlech vill Inspiratioun an der Schoul. Do schaffe mer an engem Joer u ganz villen ënnerschiddleche Projeten. An all Fach schaffe mer anescht an eis Projete variéieren immens.

**Däi Liblingskonschtwierk, vun dir selwer oder vun engem anere Kënschtler?**

Mäi Lieblingskonschtwierk vu mir selwer ass mäi Bild vun de Rëntge vun Hänn a Féiss. Wou ech dee Projet an der Schoul ugefaang hat, hat ech ë bëssen Angscht. Et war déi éischt Kéier, dass ech hu misse mat wäissem Bläistëft op schwaarze Pabeier zeechnen an am Ufank mëcht een sech do dann ze vill e Kapp. Wei ech du fäerdeg war, hunn ech realiséiert, dass meng Rëntge ganz gutt gi sinn a realistesch wierken. Ech krut ganz vill Komplimenter zu deem Wierk an et huet mer Spaass gemaach do drun ze schaffen. Ech si wat zeechne bedéngt ee grousse Perfektionist an dat konnt ech bei de Rëntge gutt beweisen. Vun engem anere Kënschtler hunn ech kee Liblingswierk, mee ech sinn ee grousse Fan vum Jugendstil a generell vun der Moderne souwéi vum Fotorealismus.

*Text & Froen: Yolande Kirsch*
*Fotoen: Oli Glod*




## DIPLOMER AN DER MUSEKSSCHOUL

De 15. November war d'Remise des diplômes vun der Regionaler Museksschoul Iechternach am Trifolion a Präsenz vum Commissaire du Gouvernement à l'Enseignement musical, dem Här Gilles Lacour, an der Waldbëlleger Éischter Schäffin, der Madamm Corinne Meyers.

Dëst Joer kruten 270 Schüler am ganzen 317 Diplomer virun engem volle Sall iwwerreecht an dat och ëmmer jeeweils zesumme mat de politesche Vertrieder vun de verschiddene konventionéierte Gemengen.

Den Optakt vum Owend huet den Ensembel Big Brass Projekt ënner der Leedung vum Här Jhang Kohnen gemaach. Dësen Ensembel ass zesummegesat aus anciens an aktuelle Schüler vun der Museksschoul. Weider goung et du mat der Begréissung vun der Madamm Députée-Maire Carole Hartmann, déi alle Schüler fir hir aussergewéinlech Leeschtunge gratuléiert huet an och allen Enseignanten an der Administratioun häerzlech Merci gesot huet fir hiren onermiddlechen Asaz dat ganzt Joer. Si huet de regionale Charakter vun der Museksschoul ënnerstrach: Coursen, déi op de verschiddene Siten an der Regioun stattfannen, Concerten an Auditiounen an de Gemengen, Ensembelen, déi mat Schüler aus de verschiddene Gemengen zesummegesat sinn. Si huet alle Gemengen e grousse Merci ausgesprach fir déi gutt Zesummenaarbecht an Ënnerstëtzung. Den Owend ass weidergaange mat Prestatioune vu Laureaten aus der Gesangsklass, enger jonker Mandolinistin, Kammermusekformatioune speziell fir dësen Owend zesummegesat aus Laureate vum Bléiser-, Streicher- an dem Pianosdepartement a Beiträg vun Jazz- a Rock/Pop-Comboen. Och dëst Joer ass eng extreem divers Bandbreet mat engem héije Niveau vun de Schüler aus der Museksschoul presentéiert ginn.

Op d'Fäegkeet vun der Musek, Gefiller an Emotiounen ervirzeruffen ass d'Directrice Nadine Eder an hirer Allocutioun agaangen. Och déi vill Natiounen, déi hei zesummeliewe prägen d'Bild vun der Museksschoul an et ass eng zentral Aufgab, dëser Diversitéit vu Natiounen, Schüler an Enseignanten an engem gudde Klima gerecht ze ginn. D'Directrice huet der Gemeng Iechternach, alle konventionéierte Gemengen an dem Ministère de l'Éducation ee grousse Merci ausgeschwat fir hir Ënnerstëtzung.



D'Élèves méritants goufen dëst Joer mat engem spezielle Kaddo, dem Legoset zu der Sprangpressessioun vun der Harmonie municipale Iechternach, belount. Ier et dann zur eigentlecher Remise vun den Diplomer komm ass, huet den Här Gilles Lacour d'Enseignanten an d'Schüler fir hiren Engagement an hir Leeschtunge gelueft an huet och den Elteren hir Ënnerstëtzung an Evidenz gesat an hinnen ee grousse Merci ausgeschwat. Hien huet der Gemeng Iechternach an alle konventionéierte Gemengen seng Dankbarkeet fir hir finanziell Participatioun ausgeschwat, fir dass d'Kanner, déi Jugendlech an och déi erwuesse Schüler weiderhi vun enger exemplaresch musikalescher Ausbildung an de Gemenge kenne profitéieren.

*Matgedeelt vun der Museksschoul*

**Aus der Gemeng Waldbëlleg goufen ausgezeechent:**

- Anne CHRISTNACH, danse classique,
  Diplôme du premier cycle;
- Lis FALTZ, Percussion latine,
  Diplôme du premier cycle;
- Sarah FERREIRA, danse classique,
  Diplôme du premier cycle;
- Christine HUSTING, formation musicale accélérée,
  Certificat de la division inférieure;
- Anne-Sophie LUIS, combo, Diplôme du premier cycle;
  guitare électrique, Certificat intermédiaire du deuxième cycle;
- Sara PERREIRA PEIXOTO, lecture-déchiffrage piano,
  Certificat du degré inférieur;
  piano, Diplôme du deuxième cycle;
- Noémie REUTER, flûte traversière,
  Diplôme du premier cycle;
- Alana SANCHEZ BRUNO, formation musicale,
  Certificat de la division inférieure;
- Ulrike SAUER, lecture-déchiffrage et transposition,
  Certificat du degré inférieur; saxophone,
  Certificat intermédiaire du deuxième cycle.


# DE BICHERBUS

### Säit wéini gëtt et de Bicherbus? E klengen Historique.

Den éischte Bicherbus ass 1982 just am Norde gefuer. 1989 fueren 2 Camionen, een am Norden an een zu Esch/Uelzecht. 1995 ass d'Ausléinen am Bicherbus informatiséiert ginn. Säit 2009 sinn d'Tournéeën nach eng Kéier ausgebaut ginn (op 15) am 3-Wochen-Rhythmus. Säit 2013 ass de Bicherbus u bibnet.lu ugeschloss a säit 2015 ass de Bicherbus-Fong accessibel via a-z.

### Wou fiert de Bicherbus?

De Bicherbus mécht 15 Tournéeën (T01-T15) a ganz Lëtzebuerg an zerwéiert 80 Gemengen, déi keng eege Bibliothéik hunn. E fiert all Dag, och wärend de Vakanzen, ausser sonndes, op den Tour.






### Wéi eng Bicher fënnt een am Bicherbus?

Hei gëtt et en enorme Choix u Bicher op Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch an och Englesch fir jonk an al. Et ginn Hörbicher, Tonie Figuren an DVDen. D'Theeme si Krimien, Literatur (liicht souwéi klassesch), Biographien, Wëssenschaft, Reesen, Déieren an d'Natur, de Gaart, Medezin ... Ausserdeem kann ee Bicher bestellen, déi an eisen ëffentleche Bibliothéike stinn.

### E puer zousätzlech Infoen

Däitsch Bicher ginn am meeschte gelies. Bis elo sinn 37.000 Dokumenter ausgeléint ginn; op engem Samschde kënnen et der 1000 sinn.

### Wou steet de Bicherbus an der Gemeng Waldbëlleg?

Um Parking beim Chrëschtnecher Fussballsterrain. E bleift 30 Minutte stoen.

### Zu wéi engen Zäite kënnt de Bicherbus?

Den Tour an d'Gemeng Waldbëlleg (T08) ass ëmmer donneschdes, all 3 Woche vun 10:55 - 11:25 Auer (am FUUSS sinn d'Datumer opgeléscht).

### Wéi kann ee Member vum Bicherbus ginn?

Fir Member ze ginn, fëllt een eng Fiche aus, déi een am Bicherbus kritt oder um Site vun der Nationalbibliothéik: ***www.bicherbus.lu***. Dës Fiche gëtt een engem Mataarbechter beim éischte Passage am Bicherbus of. D'Aschreiwung ass 2 Joer gülteg.

Et kann ee sech Bicher *sur place* ausléinen, mee och op Bestellung. D'Bestellung via a-z soll wéinstens 5 Aarbechtsdeeg am Viraus gemaach ginn. Bis zu 20 „Dokumenter" (also Bicher, DVDen, Tonie Figuren)

kënnen ausgeléint ginn, déi ee bis zu 42 Deeg hale kann. Si kommen hannescht an de Bicherbus, oder se kënnen an d'automatesch Retourkëscht bausse virun der Nationalbibliothéik um Kierchbierg geluecht ginn.

### Gëtt et eng Zesummenaarbecht tëscht Bicherbus a Schoul?

Am Bus hunn ech eng Mamm begéint, déi reegelméisseg Bicher ausléint fir hir Kanner, déi schonn an der Schoul sinn. Kéint de Bicherbus net mat de Schoulen zesummeschaffen? Dat geet net méi, krut ech gesot, well et eng Saach vu Responsabilitéit wär. Wee géif, z.B., fir beschiedegt oder verluere Bicher opkommen? De Bicherbus ënnersteet dem Kulturministère, an d'Schoul dem Educatiounsministère. D'Schoule benotzen de Bicherbus säit e puer Joer net méi; mee si hunn e Budget fir hir eege Bibliothéiken. Wéi schued! Ech hat mer virgestallt, datt d'Léierpersonal de Kanner d'Bicher an engem ganz aneren Ëmfeld wéi dem Schoulsall kéint méi nobréngen. Dee flotte Bus wär alt nach eng Geleeënheet méi, de Kanner ze hëllefen, dat richtegt Buch fir si ze fannen, sou dass si de Spaass um Liese behalen.

### Virdeel an Accessibilitéit vum Bicherbus

Hei fënnt ee Bicher, déi speziell erausgesicht gi si vu Bibliothecairen, well se ënnerhalen, interessant oder informativ sinn oder zäitlos Theeme behandelen. D'Bicher kaschten näischt: Si ginn ausgeléint. Et geet also net drëm, Gewënn op de Bicher ze maachen, mee de Kanner, Jugendlechen oder Erwuessenen Zougang zur Allgemengbildung ze ginn. Mer wëssen all, datt liese gutt ass: fir d'Fantasie, fir z'entspanen, fir d'Konzentratioun … De Bicherbus ass eng weider Méiglechkeet d'sozial Ënnerscheeder ze verklengeren.

Leider kënnt de Bicherbus an d'Gemeng Waldbëlleg op engem normale Schaff- a Schouldag an ass also net wierklech fir jiddereen accessibel.

Mee et kann een op anere Plazen an zu aneren Zäiten an de Bicherbus klammen. Donneschdes nomëttes steet de selwechte Bicherbus an der Fiels (vu 14:05 - 14:45 Auer, am Chemin Antoine Zinnen). A samschdes moies ass e vun 11:20 - 11:50 Auer zu Hiefenech op der Haaptstrooss .

*Quellen: **www.bicherbus.lu**, gouvernement.lu (bicherbus historique), Gespréich mam Michel Molinaro, Responsabel vum Bicherbus, a mat de Mataarbechter vum Tour T08*

*Text a Fotoen: Isabelle Oberlé*






# VIRUN 80 JOER: D'ARDENNENOFFENSIV

Nodeems déi Alliéiert 1944 an der Normandie gelant waren, hunn si séier e groussen Deel vun Nordfrankräich an der Belsch eruewert. Mee am September ass den Ugrëff op Arnheim schifgaangen an déi amerikanesch Arméi ass net méi virukomm. Dovunner huet den Hitler profitéiert, fir e Géigenugrëff ze starten, déi sougenannten Ardennenoffensiv oder Rundstedtoffensiv, op Englesch *Battle of the Bulge*. Zil war den Hafen Antwerpen, iwwer deen de gréissten Deel vum Ravitaillement vun den amerikaneschen Truppe gelaf ass. Vun de rengen Zuelen hir huet et gutt fir déi Däitsch ausgesinn: D'Wehrmacht hat dräimol méi Zaldoten op der Plaz ewéi d'amerikanesch Arméi.

Déi 6. SS-Panzer-Armee sollt tësche Monschau (Montjoie) a Losheim ugräifen, 200 km wäit bis op Antwerpen. Déi 5. Panzer-Armee vum Generol Hasso von Manteuffel huet d'Brécken iwwer d'Maas bei Andenne, Namur, Dinant a Givet viséiert. Déi 7. Armee sollt tëschent Veianen an Iechternach duerchbrieche bis op d'Linn Wasserbëlleg-Miersch-Maartel-Libramont-Dinant. Mee keng vun deenen Arméien ass wäit komm.

Bei eis an der Gemeng hat déi amerikanesch Arméi de 14. Dezember zu Haler Stellung geholl. Dem Lt.-Colonel Ruhlen säin Haaptquartéier war am Haus vun der Famill Ewers an der Henerecht. De 16. Dezember 1944 moies fréi huet déi däitsch Artillerie déi amerikanesch Truppen zu Haler bombardéiert. Dem Lt-Colonel Ruhlen no sinn an enger Stonn 800 bis 900 Granaten zu Haler ageschloen.

An der nächster Nuecht hunn d'Amerikaner sech vun Haler op Suewelbuer zréckgezunn. D'Famill Ewers ass an der Nuecht laanscht de Bësch vum Seitert op de Kitzebuer geflücht, wou si Famill haten. Mee och do hu Granaten ageschloen. D'Famill ass op Dippech gezunn, wou si bis Enn Mäerz 1945 bei Famill konnte bleiwen.

De 17. Dezember gouf Waldbëlleg vun den Däitsche bombardéiert a besat. Déi nächst Deeg koum et dunn zu Bombardementer vun den Amerikaner, déi de 24. Dezember ugegraff an de 25. Dezember 1944, op Chrëschtdag, Waldbëlleg an Haler definitiv befreit hunn. Am Laf vum Januar 1945 hunn déi däitsch Truppen sech missen op hir Stellunge vu virun der Offensiv zeréckzéien, déi domat definitiv echouéiert war.

Eng Millioun Zaldoten hate bei där Offensiv matgemëscht. Fir déi amerikanesch Arméi war d'*Battle of the Bulge* déi gréisste Schluecht am Zweete Weltkrich an och déi bluddegst; 20.000 GIe si leiebliwwen.

Dëse Bäitrag vum Marc Barthelemy ass e kuerze Resümmee vum Artikel vum Marcel Ewers aus dem FUUSS Nummer 1 vun 2020.

*Night Vigil 2019 zu Waldbëlleg. Fotoen: Damaris*







Vill **Artikelen iwwer d'Ardennenoffensiv** sinn am Waldbëlleger Buet an am FUUSS publizéiert ginn. Dës Publikatioune sinn ze fannen iwwer de Site ***www.waldbillig.lu***, am Menü ënner dem Titel *Commune* an der Rubrik *Archives Publications*, op *Archives* klicken.

- Buet 2000, Nummer 2, Säite 15 bis 23. Die letzen Tage im Leben des Louis F. Schwall, GI. Das 11. Regiment der 5. US-Infanterie befreit Waldbillig, Müllerthal und Haller. Die Gemeinde Waldbillig ehrte einen in Haller gefallenen amerikanischen Soldaten. Vum Marcel Ewers-Bartimes
- Buet 2003, Nummer 1, Säiten 18 bis 24. Waldbilliger Freiwillige der Brigade Piron. Tagebuch des Jean-Pierre Majerus. Vum Marcel Ewers.
- Buet 2003, Nummer 2, Säite 24 bis 27. General Georges S. Ruhlen, der Verteidiger von Haller, ist tot. Vum Marcel Ewers.
- Buet 2004, Nummer 1, Säiten 20 bis 25. Joseph Jung. Mitglied der Brigade Piron. Vum Marcel Ewers.
- Buet 2004, Nummer 1, Säiten 30 bis 32. In memoriam Erny Gillen. Vum Marcel Ewers.
- Buet 2004, Nummer 2, Säiten 18 bis 27. La bataille des Ardennes. Vum Marc Gloden
- Buet 2005, Nummer 1, Säiten 42 bis 48. Kriegserinnerungen von Ney-Lorang Irène, damals 8 Jahre alt.
- Buet 2005, Nummer 1, Säit 49. Aloyse Nilles vu Waldbëlleg, Affer vum Nazi-Regime.
- Buet 2005, Nummer 1, Säite 50 bis 51. Pierre Oé zu Haler verstoppt. Marcel Ewers
- Buet 2005, Nummer 1, Säite 54 bis 55. D'Monument tëscht Waldbëlleg a Chrëschtnech, d'Monument zu Haler, d'Lourdes-Grott an der Siwebaach bei Haler.
- Buet 2005, Nummer 2, Säite 17 bis 22. Erlebnisse von Jacques Engling aus Christnach. Marcel Ewers
- Buet 2006, Nummer 1, Säite 34 bis 39. Die Odyssee von Fred Schuller. Brian Schwall ist tot. Vum Mars Ewers
- Buet 2006, Nummer 2, Säiten 22 bis 25. Von den Nazibonzen verschleppt. Jeanne Huss-Medernach
- Buet 2009, Nummer 2, Säiten 23 bis 28. 65 Jahre Rundstedt-Offensive. Marcel Ewers
- FUUSS 2015, Säiten 201 bis 2018. Déi grouss Ausstellung zu Waldbëlleg: 70 Joer Enn vun der Ardennenoffensiv an eiser Gemeng
- FUUSS 2015, Säiten 219 bis 228. Aus dem Tagebuch von Arthur Funck aus Waldbillig.
- FUUSS 2017, Säiten 251 bis 254. Der zweite Weltkrieg in Waldbillig.Vun der Irène Ney-Lorang
- FUUSS 2020 Nummer 1, Säiten 88 bis 90. Den Zaldot Robert (Bob) Rich – en Temoignage vu sengem Enkel
- FUUSS 2020 Nummer 1, Säiten 93 bis 94. Night Vigil zu Waldbëlleg. Vum Marc Barthelemy
- FUUSS 2020 Nummer 1, Säite 95 bis 97. Chief Warrant Officer Howard S. Liddic. Corporal Louis Friend. Private First Class Louis Frederick Schwall. Vum Christian Pettinger
- FUUSS 2020 Nummer 1, Säiten 98 bis 101.
  Vor 75 Jahren brach bei uns die Rundstedt-Offensive aus. Marcel Ewers.

# SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE LUXEMBOURGEOISE S. P. L.

D'Generalversammlung vun der S. P. L. ass samschdes, den 1. Mäerz um 15:00 Auer um Kärespäicher vun der Heringer Millen am Mëllerdall.



*Foto: NGPM*

## S. P. L. an NGPM

D'Vertrieder vun der S. P. L. Denise Leesch a Georges Schaul hunn de 26. November 2024 un der Reunioun deelgeholl, déi den Natur- & Geopark Mëllerdall (NGPM) wéi all Joer fir seng 80 Partner am Kulturzenter A Schmadds zu Bäerdref organiséiert hat. Do huet den Direkter vum NGPM ënner anerem drop higewisen, datt de Statut als Unesco-Park 2025 evaluéiert gëtt an datt Reisduerf als 12. Gemeng dem NPGM wëllt bäitrieden. Dat ass eng gutt Norriicht fir d'S. P. L, well an der Gemeng Reisduerf gëtt et e wichtegen neolithesche Site, op deem eng Partie Membere vun der S. P. L. ewéi z. B. de Marcel Ewers prospektéiert hunn.

D'Denise Leesch an de Georges Schaul hunn d'Aktivitéite vun der S. P. L. virgestallt. Bei där Reunioun ass de Kontakt zustane komm mat engem Restaurateur vun der Wallenduerfer Bréck, dee gäre géif a sengem Etablissement eng Vitrinn opstelle mat archeologesche Fondstécker aus der Regioun. Esou eng Vitrinn gëtt et jo schonns am Restaurant Brimer um Grondhaff.

## Aarbechtsgrupp vun der S. P. L.

**Prehistoresch Sitten:**
De Carlo Glod ass Student op der Universitéit vun Innsbruck an hien huet ugefaangen, d'Kollektioun vum Roger Wagner mat Stécker aus der Suewelbuerer Géigend ze ënnersichen am Kader vun der Etude iwwer d'Regioun Beefort-Iermsdref-Miedernach-Waldbëlleg. Den Här Glod schreift säi Master iwwer den Theema Siedlungsarchäologische Untersuchung des „Fundstellenkomplex N" anhand von Oberflächenfunden aus der Region Beaufort/Ermsdorf/Medernach/Waldbillig (Großherzogtum Luxemburg).

D'S. P. L. huet jo eng Bourse vun der Fondatioun Schleich-Lentz kritt, fir esou Recherchë méiglech ze maachen, an en Deel dovunner geet un d'Universitéit Innsbruck.

D'Visite am November vum erfuerene Schwäizer Archeolog Urs Leuzinger huet et erlaabt, déi wëssenschaftlech Demarche ze diskutéieren an esouwuel methodologesch Aspekter ewéi d'Strategie vun der Recherche festzeleeën. D'Konferenz vum Här Leuzinger den 8. November iwwer neolithesch Séi-Siidlunge war gutt besicht.

Da war en Echange mat der Generaldirektion Kulturelles Erbe Rheinland-Pfalz (GDKE) iwwer d'Gestioun vun de Kollektiounen, déi lëtzebuergesch oder däitsch Prospekteren hannerloossen, an an deenen dacks Stécker

*Carlo Glod bei der Aarbecht*







*Excursioun de 16. November vun der S. P. L. op de Ferschweiler Plateau bei de virchrëschtlechte Menhir Fraubillenkreuz.*



sinn aus deenen zwee Länner. D'S. P. L. schafft drun, net nëmmen déi Kollektiounen a gudde Konditiounen ze versuergen, mee och e grenziwwergräifende Programm an d'Wee ze leeden, fir vun 2027 un déi Kollektioune wëssenschaftlech ze erfaassen. D'Etude iwwer d'Regioun Beefort-Iermsdref-Miedernach-Waldbëlleg ass do eng wichteg éischt Etapp.

**Georessourcen:**
D'Membere vun deem Grupp siche virun um Terrain no Stécker aus dem Emsium, der leschter Stuf vum éischten Deel vum Devon, d.h. dem Zäitraum vu viru 407,6 bis 393,3 Millioune Joer. Eng kartografesch Dokumentatioun ass amgaangen.

**Sandsteen:**
De Grupp huet vill mënschlech Spuere fonnt op de Steng a Fielse vum Mëllerdall. En huet als Objektiv eng aktualiséiert Versioun vum Dokter Ernest Schneider sengem Standardwierk *Material zu einer archäologischen Felskunde des Luxemburger Landes* vun 1939, mat eventuell Iwwersetzungen op Franséisch an Englesch. Bei där Arbecht wir Hëllef wëllkomm! Kontakt: Jerry Grün ***gruen@pt.lu***, Georges Jomé ***georges.jome@education.lu***.

**Bibliothéik:**

Dee Grupp schafft mat der Nationalbibliothéik BnL zesummen, fir all Bulletine vun der S. P. L. am digitale Katalog vun der BnL ze erfaassen.

D'Bibliothéik vun der S. P. L. ass am Moment am Mëllerdall am alen Hotel des Cascades um Rez-de-chaussée. Si gouf do den 1. Oktober 2024 ageweit. Si ass op fir jiddwereen all drëtte Mëttwoch vum Mount, nomëttes.

*Matgedeelt vun der S. P. L.*
*Iwwersetzung: Marc Barthelemy*
*Fotoen: S. P. L.*



# UERGELFRËNN WALDBËLLEG

E Sonndeg, den 20. Oktober 2024 huet de Luxembourg Purcell Choir ënner der Leedung vum Nicolas Billaux e Concert vun A-Cappella Gesäng an der Waldbëlleger Kierch gesongen, mam Titel „Darkness and Light, Sorrow and Joy".



De Luxembourg Purcell Choir ass duerch eng Kollaboratioun tëscht dem franséische Chouerdirekter Nicolas Billaux an dem President vun den Uergelfrënn Henry Wickens entstanen. Si hu Chouersänger aus hirer Bekanntschaft rekrutéiert fir e Concert de 7. Mee 2022, och zu Waldbëlleg, wou si Kierchelidder vum englesche Komponist Henry Purcell gesongen hunn – méi wéi zwee Joer nom ursprénglech geplangten Datum vum 15. Mäerz 2020, wou de Covid jo e Stréch duerch esou vill Rechnunge gemaach huet.

Fir dës zweet Sortie hu mir decidéiert, e Programm vun A-Cappella Lidder zesummenzestellen, deen als Theema Däischtert a Liicht, Trauer a Freed sollt hunn, am geeschtleche wéi am weltleche Sënn. Ugefaangen huet de Concert mat zwee Lidder, an deenen et ëm d'Liicht vun der Sonn a vum Mound goung: dat Vesper-Lidd „Hail, Gladdening Light" vum Charles Wood an „Hääd Ööd" („Gutt Nuecht") vum jonken estnesche Komponist Pärt Uusberg.

Den zweeten Deel vum Concert huet mat engem Lidd vum Gustav Holst (1874-1934) ugefaangen: „I Love my Love"; duerno koum dem Pierre de la Rue (1452-1518) säin „O Salutaris Hostia", dem Thomas Tomkins (1572-1656) säin Trauerlidd: „When David Heard that Absolom Was Slain" an dem schottesche Komponist Sir James MacMillan (*1959) säi glänzend Advents-Lidd „O Radiant Dawn".



Déi éischt zwee Lidder am drëtten Deel waren déi 2 Versioune vum „Ubi Caritas" vum Maurice Duruflé (1902-1986) a vum norwegesche Komponist Ole Gjeilo (*1978). Duerno koum e Shakespeare-Lidd vum Finn Jussi Chydenius (*1972) deen e ganz däischter-witzegen Text aus dem „Cymbeline" „Fear no More the Heat o' th' Sun" vertount. Ofgeschloss huet dësen Deel mam Karfreideg-Lidd „Sepulto Domino" vum Jan Dismas Zelenka (1679-1745).

De leschten Deel vum Concert hat zum Thema Liicht am Sënn vun Hoffnung: „The Shower" vum

Edward Elgar (1857-1934); dem Paul Smith (*c. 1984) säin „Nunc Dimittis", an dat lescht Wierk um Programm, den „Da Pacem" vum groussen Arvo Pärt (*1935). De Publikum vun enge 45 Leit huet begeeschtert fir eng Zugab geklappt, woubäi mir „The Lamb" vun engem anere grousse Zäitgenossen, dem John Tavener (1944-2013) gesongen hunn.

D'Moderatioun war vun Henry Wickens, Jeanne Letsch an Anne Schiltz. En extrae Merci geet un d'Jeanne Letsch, déi fir eis d'Dummeldenger Kierch als Proufsall organiséiert hat. Do ass och e Freideg, den 18. Oktober eng oppe Generalprouf gesonge ginn.

**Et hu gesongen:**

| | |
|---|---|
| Sopran: | Victoria Carrande Herrero, Claudette Meyers, Tuulia Pasanen-Klaine, Anne-Marie Schmitz, Jennifer Schofield, Lucie Šnytová; |
| Alt: | Andrée Hanck, Jeanne Letsch, Andrea Murphy, Anne Schiltz, Jane Wickens; |
| Tenor: | Tom Everett, Muriel Nsunda, Mick Swithinbank; |
| Bass: | Ralph Hanck, Richard Surges, William Stock, Henry Wickens. |

**Fir Ären Agenda 2025 notéiert Iech wgl. déi hei Datumen:**

***Sonndes, de 16. Mäerz zu Haler an der Kierch:***

Requiem vum Gabriel Fauré – Gedenk-Concert un den Alan Carlisle (1948-2020) ënner der Direktioun vum Robin Alder. Uergel: Jean Olinger. Et sangen: Friends of Alan.
De Concert ass net zu Waldbëlleg, mee zu Haler, well den Alan do gewunnt huet.


***Sonndes, de 26. Oktober zu Waldbëlleg an der Kierch:***


Uergelrecital mam Lawrence Bacon (Birmingham, UK), Uergelstécker vu Meeschter aus der englescher Renaissance.

*Text: Henry Wickens.*
*Fotoen: Andrée Hanck*



*Foto: Damaris*



Gëif Dir net wëlle bleiwen
Eng Stënnchen hei beim Bett
A si e bësse reiwen
Mat hei deem Ieselsfett?

Dir sidd jo hallwer Dokter
An 't ass mer guer net baang,
Dir waart jo am Freckeisen
An och beim Päerdsklos laang.'

,O jo', sot du den Dëlpes,
,An och beim Hexentréis';
Drop fillt en dann der Kranker
De Bols un Hänn a Féiss.

Weil d'Schmeechlen dreift den Eefalt
Him op wi Hief den Deeg;
E wiisst als wéi eng Kochel
Vu lauter domme Streech.

Drop hoult ech da mäi Stiefchen,
Ech gouf der Fra eng Bees
A sot, et wäert sech bessren,
A goung als wéi op d'Rees.

De Wollef goung geheeschlech
Dann u seng Aarbecht och –
Ech koum mat véier Noper
Geschwënn erëmgekroch.

(Well mat em gudde Maufel,
Kuckt, féiren ech meng Hechten

Say, would you not like to be
just an hour by her side
and with this donkey ointment
here rub away her plight?

I have no fear as half now,
a doctor you're revealed,
you have lived in Freckeisen
helped knackers in their field.'

'Oh, yes,' said the fool, 'and with
a witch at her retreat.'
And then her pulse he felt on
the patient's hands and feet.

As the yeast rises the dough
flattery works on clods;
thus growing like a mushroom
on silly fibs and fobs.

So I grabbed my walking stick,
a kiss I gave the spouse,
I told her all would be fine,
left as if far from house.

Ever gently, Wolf himself
applied the oily smut –
while swiftly with four neighbours
I crawled back to the hut.

(See, with such delicious food,
I lead each little lad

## DE REENERT – REYNARD THE FOX

Den nei gegrënnte Verlag Editions Isola publizéiert déi éischt integral Iwwersetzung vum Michel Rodange sengem Meeschterwierk Reenert op Englesch. Et ass eng zweesproocheg Ausgab, mam lëtzebuergeschen an dem engleschen Text nieftenee gesat, mat ausféierleche Foussnouten, Resümmeeën a Commentairen.

Dëst Wierk ass am Bichereck zu Iechternach ze kréien a kascht 25 Euro.

*Michel Rodange. REENERT.*
*De Fuuss am Frack an a Maansgréisst.*
*Translated by Jeff Thill.*
*Éditions Isola. Echternach 2024.*




*Foto: Damaris*

# LIEWEN AN DER GEMENG // *VIE RURALE*




*Foto: Olivier Glod*





# AWEIUNG VUM ROND-POINT PRÄITELER BRÉCK MAT DER FOUSSGÄNGER-ËNNERFÉIERUNG

Am Juli 2022 hunn déi wichteg Aarbechten am Mëllerdall fir de Bau vum Rond-Point op der Präiteler Bréck mat enger Foussgänger-Ënnerféierung ugefaang. Zil war et, dës geféierlech Kräizung am Mëllerdall fir jidderee méi sécher ze maachen, sief et fir den Auto, de Vëlo an de Foussgänger, an den heefege Verkéiersaccidenter, déi op där Plaz stattfonnt hunn, entgéintzewierken.

Op Initiative vun de Gemenge Waldbëlleg a Konsdref konnt de Bau vun der Foussgänger-Ënnerféierung an de Projet vun der Stroossebauverwaltung vum Amenagement vun engem Rond-Point afléissen a realiséiert ginn. D'Foussgänger-Ënnerféierung verbënnt d'Wanderweeër mateneen a bréngt d'Touristen an d'lokal Wanderer sécher un hiert Zil. Foussgänger a Mountainbiker brauchen net méi iwwer d'Strooss vum CR118 ze goen an ze fueren, mee ginn elo op de Wee vun der Ënnerféierung laanscht d'Schwaarz Iernz geleet.

No enger Bauphas vu ronn 2 Jar konnten d'Aarbechten am Juni 2024 fäerdeg gestallt ginn. Déi laangjäreg provisoresch Bréck, Ëmweeër, Deviatiounen a rout Luuchten sinn elo endlech Geschicht. E wichtege Projet deen de Mëllerdall e Stéck mei attraktiv a sécher mécht ass elo ofgeschloss.

De 14. Oktober 2024 huet déi feierlech Aweiung vum Rond-Point mat der Foussgänger-Ënnerféierung stattfonnt, am Bäisinn vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, de Representantë vun der Administratioun vu Ponts et Chaussées, dem Tourismusministère, de politesche Vertrieder vun de Gemenge Konsdref a Waldbëlleg mat hire Mataarbechter, de Buergermeeschteren aus den Nopeschgemengen, dem ORT Mëllerdall, dem Leader Regioun Mëllerdall, dem Här Claude Agnes, deen de Rond-Point naturno gestalt huet, an aneren Invitéen, déi elo net genannt sinn.

*Text: Martine Dimmer, Joëlle Duschang*
*Fotoen: Olivier Glod*







# ADVENTSFËNSTER UM FRECKEISEN

Den 21. Dezember war de Besuch vun der Adventsfënster am Haus Nummer 11 um Freckeisen, an der Distillerie ...

Eng ganz Partie Noperen a Frënn ware komm. Et war e regionalen Event; d'Strooss laanscht d'Haiser 9, 11 an 13 um Freckeise mécht net nëmmen d'Grenz mat der Ärenzdaller Nopeschgemeng, mee och vun eisem Kanton Iechternach mam Kanton Dikrech an eiser Regioun Osten mat der Regioun Norden.

Et goung nawell bis spéit an d'Nuecht. Fir Iessen a Gedrénks an och fir Musek war gesuergt!

*Text: Marc Barthelemy; Fotoen: Marc Barthelemy, Chrëscht Berens*












## ADVENTSFËNSTER ZU BËLLEG

Schonns den 20. Dezember war de Besuch vun enger Adventsfënster zu Waldbëlleg. An do ass nawell gesonge ginn, esou wéi dat sech an engem musikaleschen Haus passt.

*Fotoen: Damaris*



## ADVENTSFËNSTER-TRËPPELTOUR MAT DER BEWEEGUNGSKOMMISSIOUN

Freides, de 27. Dezember 2024 hat d'Beweegungskommissioun hiren Advents-fënster-Trëppeltour. Bei kalen Temperature waren eng 30 Leit owes zesummen déi schéin dekoréiert Fënsteren zu Haler, souwéi d'Grotte an d'Halerbach kucken. Uschléissend hu mer zesumme bei der leschter Fënster, bei der Famill Wagner e gudde Glühwäin an e Stéck Stolle genoss. Ob dëser Plaz wëlle mir der Famill Zinnen villmools Merci soen, dass si d'Grotte an de Wee sou schéi beliicht hate fir eisen Tour. E ganz grousse Merci geet un d'Famill Wagner, fir den Tour bei hinne gemittlech beim Feier op en Enn goen ze loossen.

Leit, déi nach Iddien oder Ureegunge fir d'Beweegungskommissoun hunn, kenne gär un eis oder d'Gemeng eruntrieden.

*Text: Liz Henx; Fotoen: Romain Wies*













## CHRËSCHTMAART OP DER HERINGER MILLEN

Um 2. Adventsweekend war et nees esouwäit. De Syndicat d'initiatives vun der Gemeng Waldbëlleg asbl. huet de Chrëschtmaart op der Heringer Millen organiséiert. Op ganzer 24 Stänn konnt een esouwuel flott handgemaachte Produiten, eege Kreatiounen, Chrëschtdagscadeauen, ewéi och eppes fir den Duuscht oder den Honger kafen. Trotz deem net grad esou agreabele Wieder war de Maart gutt besicht.

Op dëser Plaz wollte mir d'Geleeënheet notzen, fir den Aussteller, de lokale Veräiner awer och all de Visiteuren e grousse Merci ze soen.

*Syndicat d'initiatives vun der Gemeng Waldbëlleg asbl.*










CHRËSCHT-MAART






# BRASSERIE HERINGERMILLEN

De 24. September 2024 huet d'Heringermillen d'Dieren erëm opgemaach.

Vum Christophe Prosperi, Chefkach a Bedreiwer, wollt ech wëssen: Wéi gesitt Dir déi éischt 3 Méint?

An e puer Wierder: spannend, frou an der Gemeng Waldbëlleg „ukomm" ze sinn, dankbar fir dee ville positive Feedback.

Zil bleift et, dass d'Leit sech op der Heringermillen wuel fillen. De Christophe Prosperi fënnt, dass den Numm „Brasserie" schonn di relax a frëndlech Atmosphär suggeréiert.

